

nen, déi den Här Garcia hei presentéiert huet am Numm vu deene Gréngen, net unhuelen, an ech géing d'Chamber bieden, se ze rejtéieren.

Et sinn nach Froe gestallt ginn iwwert d'Mise en vigueur. Et wor virgesinn, datt dat vun dëser Rentrée u géing lafen. Et leeft de facto vu dëser Rentrée un. Ech wollt proposéieren, datt d'Pöste vum Direkter an duerno dee vum Directeur adjoint géingen ausgeschriwwen ginn, datt een da kann den 1. Januar operationell sinn, datt et also an dësem Schouljoer leeft, an datt mer vum 1. Januar u prett sinn, fir dat ze maachen.

Wat d'Personalfroen ubelaangt, ass et richtig, datt dat en concertation mam Personal geschitt ass. Et si vu deenen 350 Leit, déi betraff sinn, der 15, deenen hire Wënsch net konnt Rechnung gedroe ginn. Mä ech mengen, datt de Projet awer doduerch net kann opgehale ginn, an déi hunn, wéi de Rapporteur dat och gesot huet, nach dräi Joer d'Méiglechkeet prioritär fir eng Nominatioun ze optéieren.

Ee Wuert nach zum Numm. E ass richtig, datt all Lycée soll en Numm kréien, an dat ass, ier ech Minister gi sinn, duerch Règlement grand-ducal gemaach ginn. Dat kann och gemaach ginn. Bei deenen zwee Projeten, déi ech abruecht hunn, hat ech selwer en Numm proposéiert an dat direkt an d'-Gesetz geschriwwen. Dës Kéier ass keen Numm, deen esou evident wor, deen ee konnt op dee Lycée setzen, esou datt ech dat wäert duerch Règlement grand-ducal nohuelen. Ech hoffen, datt een dann awer e gudde Choix kann treffen.

Nach ee Wuert zum Plan sectoriel, eng Fro, déi vum Här Zanussi opgeworf ginn ass. Et gëtt esou gemaach wéi et am Gesetz virgesinn ass, iwwert den Aménagement du Territoire, an et gëtt e Règlement grand-ducal geholl. D'Prozedur ass genee am Gesetz virgeschriwwen, esou datt ech dat net brauch hei ze widderhuelen.

Den Här Zanussi huet nach gemengt, ech hätt an der Kommissioun gesot, et kéim e Projet de loi fir d'Bauprozeduren ze accélérieren,. Dat hunn ech net gesot. D'Education nationale géing e Projet de standardisation entwéckelen, fir datt d'Prozedur duerno kann accélériert ginn, well fir d'Bauprojeten ass den Educationsminister net zoustänneg, mä de Bauteminister, wéi den Här Zanussi dat jo och weess. Dee Programme de standardisation ass entwéckelt ginn an deen ass elo un de Bauteminister gaangen, esou datt deen nächste Lycée, dee gebaut gëtt, an zwar dee vu Réiden, wou de Programm och fäerdeg gestallt ginn ass, dann op Grond vu deene Standardisatiounen geschitt. Mir hunn eis och un der Standardisatioun inspiréiert, fir de Programm vun Lycée Hubert Clément ze dévloppéieren, de Lycée Hubert Clément, wou mer eis jo all wënschen, datt en op d'Lentille Terres-Rouges kennt.

Dat also wat d'Kompetenze vun Educationsminister ubelaangt. Ech hoffen natierlech, datt mer eng Prozedur fanen, wou mer d'Baute kennen accélérieren. Allerdéngs wann ee kuckt, wéi an deene leschte Froe vum Marché public reagéiert ginn ass, da weess ech net, ob mer et fäerdeg bréngen, dat do iwwerhaapt ze accélérieren.

Den Här Zanussi deen ass beharrlech, Här President, wéi mer wëssen, an deen huet selbstverständlech och nach eng Fro.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Madame Ministerin, ech wollt lech nach eng Kéier froen, am Zusammenhang mam Plan sectoriel. Et ass an der Rei, datt dat e Règlement grand-ducal gëtt, an datt et no de Prozedur vum Gesetz iwwert den Aménagement du territoire soll ofgewéckelt ginn, mä: Wéi wäit ass deen Text? Wéi wäit ass den Text inhaltlech fäerdeggestallt, fir dass e kann op den Instanzewee goen?

Mir haten an der Kommissioun den 11. Abrëll en Dokument. Ass dat d'Schlussdokument? Huet sech dorunner eppes geännert? Wéi ass de Stand vum Dokument? Dat wollt ech am Fong mat menger Fro wëssen.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- De

Stand vum Dokument ass deen, dass am Secteur vum Osten nach musse Prezisiounen an de Programm bruecht ginn. Am Ufank wollte mer dräi Pôles d'enseignement. Et schéngt sech awer erauszeschielen, datt mer e véierte Pôle d'enseignement kréien, wou Gréiwemaacher, wou lechternach a wou Jonglënster dran ass. Do mussen nach Ofstëmmunge kommen an deem Text, mä all déi aner Punkte si prett, sou dass mer parallell dozou awer schonn d'Programm fir déi Schoulen, déi schonn arrétéiert sinn, notament de Lycée vu Réiden an de Lycée op de Frichen vu Belval virun dévloppéiert hunn an net mussen op de Plan sectoriel waarden, fir iwwerhaapt Aarbechte kënnen ze entaméieren.

Ech mengen, Här President, domat hätt ech op d'Froen all geäntwert. Ech géing nach eng Kéier allen Intervenante villmools merci soen an all deenen, déi sech ëm déi Schoul zu Esch këmmen, weiderhi bonne chance wënschen. Ech wëll besonnesch awer de Schüler, well ëm déi geet et, alles Gud-des wënschen, dass se eng gutt Scolaritéit an der Schoul maachen an och do déi Qualifikatioun kréien, déi hire Kapassitéiten an hiren Aspiratiounen entsprécht.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Madame Lydia Mutsch huet nach eng Fro.

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Ech hunn nach eng Fro un d'Madame Minister ze stellen. Kënnt Dir eis Opschloss ginn iwwert Gebailechkeeten op der Victor-Hugo-Plaz?

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- D'Gebailechkeeten op der Victor-Hugo-Plaz, do widderhuelen ech dat, wat ech der Mme Mutsch an der Kommissioun gesot hunn a wat ech an Entrevuë gesot hunn. De Stat hält d'Gebai op der Victor-Hugo-Plaz, dat aalt Gebai, wat an engem ganz gudden Zoustand ass. Ech verstinn zwar ganz gutt, dass d'Gemeng Esch begeeschtert wier, fir dat Gebai ze iwwerhuele fir hir eege Schoulzwecker. Wat déi aner Gebaier ubelaangt, déi an engem schlechten Zoustand sinn...

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Dat ass, dat wat ech mengen, Mme Minister!

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Nach eng Kéier, ech sinn net Bauteminister, ech hunn déi Analysen net gemaach, ech wäert dat awer viruleeden, a wa mer dann d'Resultat hunn, wann dann am Bauteministerium d'Resultat vun deenen Analyse virläit, da wäert et och esou sinn, dass d'Chamber dat matgedeelt kritt, an och selbstverständlech den Escher Schäfferot, dee bestëmmt och dorun interesséiert ass.

Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Jo, deen zënter dräi Joren op déi Äntwer-te waart.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Ech soen lech merci.

M. Lucien Weiler (CSV).- Frot d'Madame Minister emol nach wéi Qualitéit vun deenen neien Timberen ass!

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wollt nach d'Parole après ministre.

M. le Président.- Den Här Garcia huet d'Wuert fir Parole après ministre.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, fir d'éischt wollt ech mech bei der Madame Stein entschëllegen, dass ech hir eng ongeheierlech Ennerstellung gemaach hunn. Ech hunn nämlech an dem Text, wou déi zwou Motiounen mateneen ofgehandelt gi sinn, gesinn, dass d'Mme Stein zwar Skepsis hat par rapport zu der Séparatioun vu Péiteng an Déifferdeng, mee si war awer domat d'accord an huet déi Motioun och mat ge-

droen, fir déi Escher Gebaier an zwee ze deelen. Dobäi hat se och eng gutt Nues, well dat heiten ass jo lo geschitt. Dat zu Déifferdang ass jo nach en suspens.

Ech wollt awer nach eppes Zweetes soen, wat vill méi interessant ass an dem Beräich. Ech huelen Akt dovunner, dass d'Mme Ministerin déi zwou Motiounen vun eis oflehnt. Dat interesséiert mech besonnesch am Fall vun der zweeter Motioun. Well déi zweet Motioun ass textuellement déiselwecht wéi déi vum 2. Juli 1998. Déi Motioun war deemools net nëmme vun der Chamber unaniemement ugehall ginn, mä si war och ënnerschiwweg ginn, ausser vu mir, vu folgende Leit: vun engem gewëssenen Eugène Berger, engem Fernand Greisen, engem Jean-Claude Halsdorf an enger Madame Nelly Stein. Also kann ech feststellen, dass no véier Joer d'Offensiv vum Här Berger zimlech no hanne gaangen ass, well déiselwecht Motioun mat deeneselwechte Wieder, déi deemools hei eng gréisser ökumenesch Begeeschterung ervirgeruff...

(Interruption et hilarité)

Wann een natierlech no der PISA-Etüd an deem heiten Domän seng Meinung ännert, dann ass ee wierklech domm.

Une voix.- ...dësen Text ass och aus der PISA-Etüd.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir maachen d'Lectione vun den Artikelen a stëmmen of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 7 si gelies an ugehall.

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi 4871.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell (par M. Théo Stendebach), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Motions

Mir kommen zu de Motiounen. D'Motioun 1 ass vum Här Garcia explizéiert ginn.

De Vote électronique ass verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun 1 vum Här Garcia sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

D'Motioun ass mat 34 Nee-Stëmmen a 25 Jo-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Simone Beissel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Mir kommen elo nach zur Motioun 2 vum Här Garcia.

Wie fir déi Motioun 2 ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

De Vote électronique ass verlaangt.

Vote

Déi fir d'Motioun sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

D'Motioun ass mat 25 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an zwou Abstentiounen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jeannot Krecké), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, MM. Nicolas Strotz, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Gusty Graas), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Se sont abstenus: Mme Nelly Stein et M. Fred Sonnen.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4978 iwwert d'Regierungssubventiounen fir de siwente Fënnefjoresplang am Beräich vum Sport.

Et si schonn ageschriwwen déi Hären Hauptert, Zanussi, d'Madame Durdu, d'Häre Colombero, Garcia, Urbany a Scheuer. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Xavier Bettel. Den Här Bettel huet d'Wuert.

3. 4978 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif et modifiant l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif

Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Xavier Bettel (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. De Projet de loi ass den 2. Juli 2002 déposiert ginn. De Conseil d'Etat huet den 9. Juli 2002 säin Avis ofginn a mir hunn den 18. September, den 1. Oktober an eiser Kommissioun de Projet de loi analyséiert an ee Rapport gestëmmt. De Projet gëtt schonn haut ofgestëmmt.

Wann een d'Rapporten an d'Avise liest vum Conseil d'Etat zum COSL, gëtt et hei eng Persoun, där een dierf merci soen. Dat ass d'Mme Brasseur. Duerch deen heite Gesetzesprojet gëtt enfin d'Exigence vum Conseil d'Etat realiséiert, an ech zitéieren de COSL: "Le COSL se félicite, le COSL ne peut qu'approuver, le COSL adhère à l'idée..."

Also Dir gesitt, dat heiten ass ee Projet de loi, dee mat enger grousser Approbatioun, op jidde Fall vun deenen zwee Organer, déi ëm een Avis gefrot gi sinn, adoptéiert ginn ass.

Wat gesäit dee Projet de loi vir? Et si siwen Artikelen. Den éischten Artikel gesäit eng Envelopp vir vun 120 Milliounen Euro fir d'Joer 2003 bis d'Joer 2007. Dat ass deen aachte Programme quinquennal. Deen éischten huet 1968 ugefaang.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Dat do ass da fir d'Equipements sportifs. Déi gi vun de Gemenge gebaut, vun de Syndicats intercommunaux, oder vun nationale Sportsorganisationen.

Den Artikel 2 vun deem Projet de loi gesäit vir, dass de Ministère des Sports, deen d'Attributiounen huet, och e Programm dann ausschafft, dat heescht, dass och net honnertdausend verschidde Ministèren do eng Kompetenz hunn, mee exclusivement de Ministère des Sports, wat och richtig ass. Ech kommen derno nees drop zréck.

Am Artikel dräi ass virgesinn, wéi déi Aide ass. Dat heescht, fir eng Gemeng kann dat op 35% eropgoen, fir eppes Regionales bis op 50%. Et kann esouguer bis op 70% eropgoen, wann et en Intérêt national huet. Dat heescht, d'Regele si fest a kloer. Den Artikel 4 gesäit vir, dass een zum Beispill kënnt à titre exceptionnel fir Gemengen eng Aide ginn, déi wierklech net genug Infrastrukturen hunn.

Den Artikel 5 ass eng Erneuerung, wouhier och de Luef vum Conseil d'Etat a vum COSL komm ass. Dat ass, datt d'Mme Brasseur an deem heite Projet de loi d'Renovatiounen an de Maintien vun de Installatiounen aus dem Plan quinquennal erausgehall huet. Wann een nämlech d'Geschicht kuckt vun de Plans quinquennaux, kuckt, zum Beispill bei dem Véierten, do wou en Dépassement vu 65 % vum Plan quinquennal war, dann ass do ëmmer gebaut ginn, an dunn ass e bësse gefléckt ginn, an et ass e bëssen hei gemaach ginn, an dunn ass et mat de Suen nees vir an hannen net duergaangen, an esou ass da vun deem nächste Plan quinquennal schonn eng Partie vun de Sue grevéiert gewiescht. De véierte Plan quinquennal mat 65% zum Beispill. Et ass kloer, dass all Kéiers Dépassementer waren.

Duerfir huet d'Madame Brasseur bei deem heite Projet de loi alles wat d'Renovatioun an de Maintien vun den Installatiounen ugeet, iwwert den normale Budget lafe gelooss an net méi iwwert de Plan quinquennal. Duerfir och den Artikel 6, deen de Plan quinquennal, de siwenten, nach completéiert, wou eng Zomm vun 22 Millounen Euros derbäi kënnt.

Wann ech elo e bësse méi an den Detail ginn, da gief ech lech erlaben ze soen, dass den 8. Plan quinquennal d'Realisatioun zum Beispill virgesäit vun zéng Halls multisports, aacht Halls de sports, dräi Salles de sports, dräizéng Piscines couvertes, uechzéng Terrains de sports, aacht Halls de tennis, enger Installation d'escalade, enger Piscine en plein air et l'agrandissement d'une patinoire.

Dir gesitt virun allem, dass et grouss Infrastrukture sinn, wou selbstverständlech och d'Gemengen drop uge-wise sinn, fir eng gewëssen Hëllef ze

kréien, well dat net nëmmen am Intérêt vun de Gemengen ass, mä och am Intérêt vun de Schoulen. Ech mengen, d'Madame Brasseur ënnerstëtz mat dësem Projet de loi och de Sport à l'école, deen gëtt. Je no de Schoulzäiten ass et jo méiglech, dass dës Infrastrukture verschiddene Clibb zur Verfügung stinn, dat heescht, et ass am Intérêt vu ganz ville Leit an net nëmme vun enger Gemeng. Et sinn och duerfir regional an national Infrastrukturen, déi gebaut ginn.

Am Projet de loi, dee mer kritt haten, steet dat jo och kloer dran, dass dat zum Beispill dräizéng Equipementer fir Gemenge sinn, wou am Moment keng Hal oder keng Schwemm ass; dass eng hallef Dosen Installations nouvelles fir spezifesch Sportspraktike sinn, wéi zum Beispill Cyclisme, Ski nautique, Kajak, Patinage oder Pétanque.

A wat och virun allem luewenswäert ass, dat ass, dass d'Madame Brasseur sech engagéiert huet, dass se an Zukunft en Inventaire actualisé wäert maache vun de Besoinen u Sportinfrastrukturen.

Et ass fir d'Gemengen - ech hunn et virdu gesot - gutt, dass elo d'Spillregele schwaarz op wäiss do stinn, well eng Gemeng, déi op d'Aide vum Stat waart fir eppes, wat se gebaut huet, an da gesot kritt, et si keng Sue méi an der Keess, Dir musst nach véier, fënnef Joer waarden, well et gi beim nächste Plan quinquennal éreischt Sue bezuelt, dat ass net korrekt. Elo weess all Gemeng, wat se ka kréien, och dass net an all Gemeng eng Schwemm gebaut gëtt, mä au contraire gekuckt gëtt, fir op regionalem Niveau déi Saachen ze koordinéieren.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Ech wëll dann och nach hei eng leschte Kéier der Madame Brasseur merci soen. Ech fannen dat ëmmer gutt, wa mer bei engem Projet de loi eng Fiche financière dobäi hunn, dat ass net ëmmer de Fall, an net nëmmen eng Fiche financière, mä och carrément, wat mat deene Sue geschitt, dat heescht, et ass schwaarz op wäiss am Projet de loi. An der Kommissioun krute mer ausgedeelt, wat gebaut gëtt, wéi et gebaut gëtt, an ech fannen dat ganz korrekt. Dat heescht, et ass kee Chèque en blanc, dee gemaach gëtt. Et huet zwar laang gedauert, et ass elo deen achte Programm, mee vun deem heien un ass méi Kloeerheet an deem Ganzen.

Deen, deen deen dote Projet de loi net stëmmt, deen huet näischt verstanen. Ech soen lech merci.

(Brouhaha général)

M. le Président.- De Rapporteur huet eng Bemierkung gemaach, déi e vläicht besser gehat hätt, net ze maachen.

Den Här Hauptert ass als éischte Riedner agedroen.

Discussion générale

M. Norbert Hauptert (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem de Kollege Xavier Bettel hei de Projet an allen Details virbruecht huet, kéint ech mech am Fong geholl a menger Interventioun dorop beschränken, fir méi allgemeng Reflektiounen iwwert de Sport hei ze maachen, déi awer an de Kader vun dësem Projet erapassen.

Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst, datt de Sport an eiser heiteger Zäit ëmmer méi eng grouss Importenz anhélt, an dat aus verschidden Ursachen, wou ech der besonnesch hei véier wëll ervirsträichen.

Éischtens: Mer liewen an enger Zäit, wou d'Leit ëmmer méi siesshaft ginn a sech ëmmer manner bewegen. Dat geet u mat eise Kanner, déi mer mueres mam Auto an d'Schoul féieren, an duerno och erëm siche ginn, an am plaz se dobausse spillen an der frëscher Loft, sëtze se praktesch déi ganz Zäit no der Schoul virun der Television oder virun hirem Computer. Dat geet mat eis selwer viru mat eisen Déplacementer op d'Aarbeitsplaz, wou jiddereen am léifsten eng Parkplaz nieft senger Aarbecht géif virfannen, fir datt en am beschte vu sengem Bett aus bis op de Bürostull transportéiert gëtt, ouni eng Minutt an der frëscher Loft ze sinn, an ouni sech e puer Meter missen ze déplacéieren. Dat erstreckt

sech souguer op eis Manéier, wéi mer eis Kommissiounen maachen oder wéi mer eise Fräizäitbeschäftegungen nokommen. Och do géife mer am léifsten all Déplacement mam Auto maachen.

Zweetens: Mir liewen an enger Gesellschaft, wou d'Leit ëmmer méi Fräizäit hunn, an och weider nach wäerte kréien, a wou der vill sinn, déi sech net mat hirer Fräizäit zurechtfannen. Am Interesse vun eiser Gesellschaft, géif ech mengen, an och besonnesch am Interesse vun deene Leit ass et, datt mer hinnen eng Méiglechkeet bidden, hir Fräizäit op eng interessant an nützlich Manéier ze miwweléieren. De Sport, souwuel den aktive wéi de passiven, bitt mat Sécherheet eng Méiglechkeet fir eise Bierger hir Fräizäit nützlich an interessant ze gestalten.

Drittens: Mir liewen an enger Gesellschaft, wou ëmmer méi Leeschtung verlaangt gëtt, wou am Beruff nieft dem Kënneen an der Intelligenz och nach Ausdauer a kierperlecht Stehvermogen eng wichteg Roll spillen. Wéi kann een déi besser fleege wéi duerch eng sportlech Aktivitéit?

Véiertens: Mir ginn an eiser hektescher Zäit ëmmer méi oft Stresssituatiounen ausgesat, op der Aarbecht, am Verkéier dobaussen, souguer beim Akafen. An dee Stress iwwerdréit sech och bis an d'Familljen eran, an dat féiert zu ville Problemer, mat deenen eis Gesellschaft haut konfrontéiert ass. Ville Problemer wéi Depressiounen, wéi Suiciden a wéi Divorcen. An näischt ass méi effikass, ech brauch lech et net ze soen, fir den Ofbau vum Stress, wéi eng intensiv kierperlech Aktivitéit an dat am beschten dobaussen an der frëscher Loft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéinst der Importenz vum Sport an eiser heiteger Gesellschaft ass d'öffentlech Hand gefuerdert, fir den néidege Kader ze schafen an déi néideg Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir datt de privat organiséierte Sport a senger Missioun, déi dora besteet, de Sport an eiser Gesellschaft a besonnesch bei eiser Jugend ze fördern, nach ka gerecht ginn.

Dat iewescht Zil vun der Sportorganisatioun ass net fir Championen erunzezillen, mee hiert Zil läit vill méi an der Förderung vum Sport fir eis Gesamtbevölkerung, fir datt d'Leit sech alleguer op iergendeng Manéier sportlech betäitegen an domat un de Wäerter, déi am Sport léien, deelhuele kënnen.

Dofir ass et wichteg, datt mer éischens de Sport an eise Schoule fördern, fir datt all Kand déi an eiser Gesellschaft gängeg Sportaarte kenneléiert a se beherrsche kann. Doduerch soll dem Kand de Sënn an d'Freud zum Sport vermittelt ginn, a besonnesch soll dem jonke Mënsch d'Méiglechkeet gebuede ginn, fir mat där Sportaart a Kontakt ze kommen, fir déi hien déi beschte kierperlech Viraussetzung matbréngt an déi him am meeschte Freed mécht. Dat sinn d'Aufgabe vun der Sporterzéiung an eise Schoulen.

Besonnesch wichteg ass awer de Schoulsport fir déi Kanner, déi nieft hirer Schoul keng sportlech Aktivitéit bedriewen. Dofir ass et vu gréisster Wichtigkeet, datt mer der Sporterzéiung an eisem Unterrecht déi Plaz reservéieren, fir dass de Sport sengem Stellwäert an eiser Gesellschaft gerecht gëtt, a besonnesch déi senger Importenz an der Ausbildung vun eiser Jugend zoukomme misst.

Mir musse Strukture schafen a Moosnamen ënnerstëtzen, déi deenen, déi hire Sport um Niveau vun der Compétitioun a vun der Héchstleeschtung wëlle bedriewen, d'Méiglechkeete bitt, dat ouni Contrainte an ouni sozial Nodeeler maachen ze kënnen. D'Strukturen helfir bidden eis Veräiner a Federatiounen, op déi ëmmer méi Verantwortung an Aarbecht zoukënn, an déi op d'Ennerstëtzung vun der öffentlecher Hand ugewise sinn. D'Moosname mussen am Kader vun eise gesetzlechen Dispositiounen geholl ginn, fir déi ganz Aarbecht vun eise Veräiner a Federatiounen optimal ze begleeten.

Déi Ennerstëtzung muss awer den Efforten an de Leeschtunge vun deenen eenzelne Sportarten ugepasst sinn. Et kann net sinn, dass eng Gemeng oder de Stat fir d'Bezuele vun exorbitanten Transferten oder Indemnitéite vu Sportler oder Trainer an d'Keess gebiede gëtt, ouni datt en ugepasst

sportlech Resultat virläit. Am Géigendeel soll d'öffentlech Hand fir déi normal Gestiou, administrativer an technescher Natur, vun de Veräiner a Verbänn opkommen, fir datt mir och an der Zukunft Leit fannen, déi hir Fräizäit, ouni Entschiedegung, am Intérêt vun eiser Jugend zur Verfügung stellen.

An drëtten mussen Infrastrukture geschafe ginn, fir dass de Schoulsport, de Compétitiounssport an de Fräizäitsport sech fräi entfale kënnen. De Finanzement vun engem Deel vun deenen Infrastrukture geschitt iwwert d'Fënnefjoresplang fir d'Sportséquipementement. De Projet, dee mir hei virleien hunn, soll de Finanzement vun dem achte Plang assuréieren. Obschonn ech ugangs gesot hunn, dass ech mech hei géing op méi allgemeng Aspekter vum Sport beschränken, wëllt ech awer zum Schluss e puer Wieder iwwert den achte Fënnefjoresplang verléieren.

Déi, déi mengen, ech géing elo fir déi eng oder déi aner Infrastruktur, fir déi eng oder aner Gemeng hei anrieden, muss ech leider enttäuschen. Och hei wëll ech mech méi op allgemeng Iwwerleeunge beschränken, a besonnesch op e puer Remarken agoen, déi de Comité olympique et sportif vu Lëtzebuerg a sengem Avis zum Projet gemaach huet.

Eng vun den Aufgabe vum Sportsministère läit doran, Suerg ze droen, dass d'Sportsinfrastrukturen iwwer d'ganz Land gläichméisseg verdeelt sinn. Et kann net sinn, datt eng ganz Generatioun vu jonke Leit aus iergendenger Regioun vun eise Land zum Beispill net schwamme léiert, well an där Regioun keng Piscine virzefannen ass. Eise President, deen elo net hei ass, kéint eis bezeien, wéi wichteg a wéi interessant datt et ass, wann een och nach an engem gewëssen Alter schwamme kann, fir seng Gesondheet ze fördern. Wat natierlech fir Piscine wouer ass, ass och fir all aner Sportinstallatioun wouer.

Dofir begréisste mir och, datt de Ministère amgaangen ass, en Inventar vun de Sportsinfrastrukture op engem Support informatique opzestellen. Domat kann een d'Schwaachstellen an eise Land a puncto Sportinfrastrukture feststellen a Moosnamen an d'Wee leeden, fir dass an deene benodeelegte Géigenden eppes ënnerholl gëtt, fir de Besoine vun eiser Jugend um sportleche Plang gerecht ze ginn. Dofir dee mir och d'Meenung vum COSL, datt eng regional Approche um Plang vum Bau vun neien Infrastrukture Virrang géintiwwer enger lokaler Approche muss hunn.

Ee vun de fundamentale Problemer vun de Sportsinfrastrukturen ass dee vun der optimaler Beleeung vun eisen Halen a Piscinen. Et dierf net sinn, dass Terrainen, Schwemmen oder Halen exklusiv engem oder e puer Veräiner virenthalt sinn an doduerch daagsiwwer eidel do stinn. Grad sou ass net ze veräntwerthen, datt d'Sportsinfrastrukturen an de Schoulen nëmmen 30 Stonne pro Woch a 36 Wochen am Joer benotzt ginn, well se exklusiv dem Schoulsport reservéiert sinn. Et ass kloer, dass dës Infrastrukturen net "à porte ouverte", ouni Surveillance, fir all Mënsch zur Verfügung stoe kënnen. Et muss awer méiglech sinn, eng optimal Notzung vun dësen Installatiounen tëscht Schoulsport, Fräizäitsport a Compétitiounssport ze assuréieren.

Dat bedingt eng optimal Surveillance vun dësen Installatiounen, déi net eleng op de Schëllere vun dem Portier oder vum Platzwaart ka leien. Soss get et an Zukunft, wéi et bis elo ëmmer de Fall war, datt de Portier decidéiert, wéini dass d'Halen zur Verfügung stinn a wie se benotze kann. Dat ass eng onméiglech Situatioun fir de Portier, wéi fir eis Veräiner. An dat ass eng regelrecht Verschwendung vun den öffentleche Gelder. Wa mer schonns déi eemoleg Geleeënheet hunn, de Sports- a den Unterrechtsministère an darselwechter Hand ze hunn, misst mat dese Messstänn endlech Schluss gemaach kënnen. Et ass eng Geleeënheet, déi mir net verpassen dierfen.

D'Installatiounen mussen de Veräiner an de Federatiounen gratis zur Verfügung

stoen. Et kann net sinn, dass si um Bezuele vun den Onkäschten, déi duerch eng Manifestatioun vun enger Installatioun entstinn, mat erugezu ginn. Och wann e Veräin oder eng Federatioun op där enger oder anerer Organisioun emol e Boni mécht, da wëll dat net heeschen, datt e sech doduerch beräichert. De Boni déngt jo nëmme fir d'Onkäschten, déi op hiren normalen Aktivitéiten entstinn, auszegläichen.

D'Situatioun ass awer eng ganz aner, wann eng Privatpersoun oder eng Gesellschaft mat enger sportlecher oder kultureller Manifestatioun an enger öffentlecher Hal e Gewinn wëllt erzielen. Do ass et nëmmen normal, datt déi fir de Finanzement vun den Onkäschten opkomme mussen, an dat eleng fir keng deloyal Konkurrenz mat de Bedriewer vu private Sportinstallatiounen opkommen ze loossen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir begréisste selbstverständlech, dass den Iwwerhang um siwente Fënnefjoresplang aus der Enveloppe vum achte Fënnefjoresplang erausgeholl ginn ass, an dass eng speziell Enveloppe fir d'Verbesserung vun de bestoenden Infrastrukture virgesinn ass. De Finanzement vun dese Verbesserungen soll an Zukunft als Dépense ordinaire an den normale Budget vum Sportsministère opgefouert ginn. Dofir ass déi Enveloppe och nëmmen op de Finanzement vun de Verbesserungsarbechte fir déi nächst dräi Joer limitéiert. Duerno soll e spezielle Kredit am jährelche Budget vum Sportsministère fir dës Ausgaben ageschriwwen ginn.

Här President, ofschléissend wëllt ech ënnersträichen, datt alles an allem de Projet en zefriddestellenden a besonnesch fir de Sport esouguer en excellenten Programm enthält, an dass en d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun wäert fannen. Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Här Hauptert. Den nächsten Orateur ass den Här Zanussi.

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Projet 4978 iwwert den achte Fënnefjoresplang fir d'Sportsinfrastrukturen, dee mir hei diskutéieren, sollt een och d'Geleeënheet profitéieren, fir e puer méi allgemeng Wieder iwwert de Sport u sech ze verléieren. An ech denken, dass am Laf vun deene leschten Diskussiounen, déi mir op där enger oder anerer Plaz an der Kommissioun schonn haten iwwert déi Avisen, déi et vum COSL iwwert de Schoulsport gëtt, iwwert d'Diskussiounen an deenen eenzelne Parteien, iwwert de Comité olympique, ass et wichteg, dass een déi doteden Diskussioun effektiv féiert. A wann een iwwert de Sport insgesamt diskutéiere wëllt, dann ass et natierlech wichteg, dass een niewent den Infrastrukturen, déi een zur Verfügung stellt, och ee gesetzleche Kader schafft, deen déi sportlech Aktivitéiten an den adequate Kader setzt.

Dofir wollt ech op dëser Plaz einfach nach eng Kéier d'Fro un d'Madame Minister stellen, wéi deen aktuelle Stand vum Sportsgesetz ass. Ech ka mech erënneren, dass mir an der Kommissioun eng Kéier doriwwer diskutéiert hunn. Offensichtlech huet d'Regierung deen een oder deen aneren Amendement zum Text eragereecht. Ech wollt einfach dës Geleeënheet profitéieren, fir ze froen, wou mer mat der legislativer Prozedur vun deem Projet dru sinn, wëssend, dass et e Projet ass, dee vun der Sportswelt erwaart gëtt an och eng Rei vun Hoffnungen dragestach ginn.

Wann een elo iwwert de Plan quinquennal diskutéiert, dann ass virdu scho vum Rapporteur a vu menge Virriedner op d'Entwécklung vun deenen eenzelne Sportarten agaange ginn. Et ass dovunner geschwat ginn, dass d'Leit, déi Sport maachen, ëmmer méi al ginn. De President ass virdrun zitéiert ginn. Ech hoffen, net eleng wéinst sengem Alter. Et ass och dovunner geschwat ginn, dass d'Zuel vun de Sportarten an d'Luucht geet, a Gläiches an Ähnlech méi. Ech wëllt da bei där Geleeënheet och dem Rapporteur merci soe fir säi Rapport.

Et ass och richtig, dass mir weiderhi Sportsinfrastrukture brauchen. Et ass och richtig, dass mir mussen drop oppassen, dass e regionaalt Gläichgewicht besteet, an dass et an de Regiou-

ne keng ze vill graff Ennerscheeder gëtt an d'Populatioun queesch duerch d'Land - an dat soll d'Suerg si vun esou engem Plang - méiglechste déiselwecht Méiglechkeete kritt, fir aktiv Sport ze bedriewen. Et ginn och permanent souwuel un d'Sportswelt wéi un d'Gemengen néi Erausforderungen gestallt, wat d'Infrastrukturen ube-laangt.

Och do wollt ech d'Madame Ministerin em hir Positioun froen am Zesammenhang mat deene Fuerderungen, déi zum Beispill vun der Fussballfederatioun un eenzel Gemenge gerichtet gi sinn. Offensichtlech huet déi europäesch Fussballfederatioun Richtlinnen erausginn, no deenen eng Rei vu Veräiner, déi an der Nationaldivisioun vum Fussball spillen, eng Rei vu Viraussetzungen mussen erfëllen um infrastrukturellen Plang, fir an Zukunft nach kënnen hir Lizenzen zu kréien, an déi Erausforderungen sinn u sech, sécherlech fir de Fussball interessant, mee mat engem enorme finanziellen Opwand fir d'Gemenge verbonden. Wann zum Beispill op engem Terrain 500 Lux Liicht owes verlaangt ginn, heescht dat, dass praktesch op all Fussballsterrain sämtlech Masten a sämtlech Luuchte mussen ernaert ginn.

Wann dovunner geschwat gëtt, dass op engem Fussballsterrain wéinstens 500 Schuelestëtzern mussen ubruecht ginn, da gëtt dat bei enger ganzer Rei vun Terrainen eng grouss, eng héich Zomm vun Investissementen. Sollt dat de Fall sinn - well et gëtt offensichtlech bei der UEFA och nach en Zäitplang, während deem déi dote Moderniséierung mussen gemaach ginn -, misste sech jo och déi dote Moderniséierungsarbechten am Finanzéierungsplang vum achte Fënnefjoresplang ermënnen. Si sinn am Moment net dran, an dofir wär et flott vu Säite vum Ministère ze héieren, wéi do d'Positioun ass. Ass dat richtig? Sinn déi Revendicationen an deem Mooss an an deem Zäitplang eescht ze huele vun de Gemengen, oder net?

Dat Instrument vum Plan quinquennal ass en Instrument, wat et scho während enger ganzer Rei vu Jorzéngte - 35, 40 Joer - gëtt. Et gëtt an deenen eenzelne Rapporten dervu geschwat an et ass geplangt 120 Milliounen Euro auszeginn. Et weess een aus Erfahrung, dass an deene Jore virdrun ëmmer hu misse Rallonge gestëmmt ginn, fir de Besoine vun deenen eenzelne Projeten nozekommen. Dat ass da meeschtens iwwer e Spezialgesetz oder iwwer eng Ligne budgétaire geschitt. Dat hat dann awer oft zur Konsequenz, dass eng Rei vu Retarde beim Ausbezuelen von de Subside komm sinn, wat fir déijéineg, déi d'Sue virgestreckt haten, net agréabel war.

Am Artikel 3 gëtt da vun den Tauxe geschwat, déi weiderhin onverännert bleiwen: 35% fir Arichtungen, déi e kommunalen Zweck hunn, 50% fir d'Arichtungen, déi e regionalen Zweck hunn, a 70% fir déi, déi en nationale Charakter hunn. An der Kommissioun hu mer doriwwer geschwat gehat, wéi déi Tauxe géingen applizéiert ginn. D'Ministerin huet ganz kloer geantwortet, dass am Normalfall, wann et e kommunale Projet ass, och déi 35% zougestane ginn, a wann et regional ass eben och déi 50%, dat ass relativ kloer.

Am Artikel 5, deen am Fong déi grouss Neiheet vun dësem Plan quinquennal beinhaltet, nämlech d'Tatsaach, dass d'Renovatiounsarbechten an d'Ennerhaltskäschten net méi iwwert de Plan quinquennal, iwwert dee Fong do bezuelt ginn, mä dass dat soll eng Ligne budgétaire ginn, mat der Iwwerleeung - déi net falsch ass -, dass déi Aarbechten, déi als Revisiounen oder als Erneuerungen considéiert ginn, net esou laangfristeg kënnen geplangt sinn, méi oft kuerzfristeg anrieden.

Déi Iwwerleeung schéngt richtig ze sinn. Wann een an der Erfahrung vun de Gemengen dat kuckt, kann een deem u sech zoustëmmen. De Conseil d'Etat huet dat schonn déi eng oder aner Kéier gefrot. De Comité olympique huet a sengem Avis och geschriwwen, dass dat doteden u sech eng gutt Saach wär. Et si fir déi nächst Joren 20 Milliounen Kreditter virgesinn op déi dräi nächst Exercice verdeelt. Fir dat nächst Joer sollen et 7 Milliounen sinn.

Déi Dispositioun ass zwar nei am Text, mee aus der Erfahrung eraus, weess een, dass et och an der Vergaangen-

heet Projeten, déi grouss Renovatiounen erfuer hunn, wou praktesch nach just d'Carcasse ronderëm bestoe bliwwen ass, ënnert de Plan quinquennal gefall sinn, an als nei Projekte considéiert gi sinn an och deementsprechend da subventionéiert ginn.

Dofir stelle sech fir eis bei deem Artikel do einfach eng Rei vu Froen. Froen, déi ee sech och kënnst stelle beim Artikel 3, mee déi am Artikel 3 si kloer, nämlech déi, wéi héich déi Subventionéierung ausgesäit, wéi d'Tauxen ausgesinn. An der Kommissioun hate mir déi do Diskussioun, a mir hu gesot kritt, dass se am Prinzip 10% ënnert deenen Tauxe leien, déi am Artikel 3 festgeluegt gi sinn. Et ass eis och gesot ginn, dass et eng Commission interdépartementale gëtt, déi der Ministerin Virschléi iwwert d'Héicht vun deenen Tauxe mécht.

Mir waren als Fraktioun am Fong der Meenung, dass bei esou vill Geld, dat do verdeelt gëtt, a fir d'Garantie ze hunn, dass eng honnertprozenteg Transparenz besteet, d'selwecht wéi mam Plan quinquennal déi Prozeduren och fir den Artikel 5 sollte gëllen. Mir wollten iwwert de Wee vun enger Motion d'Regierung invitéieren dofir ze suergen, dass d'Kritären, an de Wee, deen zu deenen Tauxe féiert, iwwert de Wee vun engem Reglement festgehale ginn.

Mir wollten och proposéieren, dass am Rapport annuel vum Ministère eng Lëscht dran ass, aus där kloer erausgeet, wat fir eng Projekte mat wat fir engem Taux vum Ministère subventionéiert ginn, dat transparenzhalber, oder informatiounshalber vis-à-vis vun alleguerten deenen, déi bedeelegt sinn.

Et soll wierklech net sou verstane ginn - déi Motioun hei -, dass et e Mësstrauen an iergendenger Aart a Weis géint déi aktuell Ministerin ass, mee einfach, wann esou eng Reglementatioun géing getraff ginn, wier se selbstverständlech och gëltig fir déi nächst Regierung an déi nächst Sportsministere. Mir sinn einfach der Iwwerzeegung, dass et mat esou engem Reglement, mat esou enger klorer Linn, méi transparent wier wéi et elo ass - net méi an net manner. Ech wollt déi Motioun hei an deem Sënn deponéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant le nombre considérable de projets de rénovation et de modernisation de l'équipement sportif dans tout le pays,*

- *considérant que les besoins financiers estimés nécessaires par le Gouvernement en matière de rénovation et de modernisation d'installations sportives sont de l'ordre de 20 mio d'Euros pour les trois ans à venir;*

invite le Gouvernement

- *à veiller à ce que le choix de subventionnement des différents projets de rénovation d'installations sportives soit arrêté de manière transparente,*

- *à dresser un tableau complet des entretiens et investissements subsidiables par le biais de la loi budgétaire, à figurer dans le rapport annuel du ministère compétent.*

(s.) Marc Zanussi, Alex Bodry, Jeannot Krecké, Lydia Mutsch, Jos Scheuer.

Da wollt ech nach e puer Wuert verléieren zu dem Avis vum Comité olympique. Wann den Här Bettel hei als Rapporteur, zwee Sätz oder zwee Wieder vum Avis vum Comité olympique zitéiert huet, dann hätt hien allerdings och kënnen e puer aner Saachen aus dem Avis vum Comité olympique zitéieren. Dat huet hien net gemaach. Dat huet dofir mäi Virriedner gemaach. Ech wëllt nach eng Kéier ganz kuerz doropper agoen, well am Schluss vun dem Avis eng Rei vu Virschléi sinn, déi eis schéngen net oninteressant ze sinn. De Comité olympique schreift, datt et sënnvoll wier, e Cahier de charges ze erstellen, e Cahier des charges type fir d'Oprichte vun deene sportlechen Infrastrukturen.

Ech schwätzen dovun, dass dee Cahier des charges zesumme mat enger Kommissioun soll festgeluegt ginn. Dat hätt eis ënner Emständ dozou gefouert, dass mer bei der Diskussioun iwwert d'Sportsinfrastrukturen vum Lycée Péiteng, net déi Diskussiounen an déi Ausenanersetzunge mat de Sportsprouff kritt hätten, déi do stattfonnt hunn.

Wann et en institutionaliséierten Dialog an där heiter Fro géing ginn, dann denken ech, wär dat am Intérêt vun deenen zukünftege Sportsinfrastrukturen, am Sënn, dass déi Infrastrukturen, déi do konzipéiert ginn, och dem Bedierfnis vun deenen honnertprozenteg entsprechen, déi herno an deenen Infrastrukture musse schaffen.

Eng aner Iddi, déi am Avis nach vum Comité Olympique zitéiert ginn ass, ass déi, dass iergendswou festgehale sollt ginn - an do mengen ech schwätzen ech am Numm vun alleguerten deenen, déi eppes mat Sportsfederatiounen ze dinn hunn -, dass déi Halen an Infrastrukturen de Sportsfederatiounen gratis sollen zur Verfügung gestallt ginn, well déi Instrumenter jo mat öffentleche Gelder opgeriicht ginn, a jiddereweess, dass d'Federatiounen net am Geld schwammen. An der Praxis ass et zwar zu engem Deel esou, mee et wär net schlecht, wann iergendswou eng Kéier och dat dote géing festgehale ginn.

Da mengen ech, dass mer als Fraktioun grondsätzlech mat dem Projet hei averstane kënnen sinn. Mir wënschen eis natierlech, dass déi Motioun, déi mer hei déposéiert hunn, an déi soss näischt zum Zweck huet, wéi e Méi un Transparenz ze garantéieren, d'Zoustëmmung vun der Majoritéit fënn. Ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président.- Als nächst Riednerin ass d'Madame Durdu age droen. D'Madame Durdu huet d'Wuert.

Mme Agny Durdu (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur, dem Xavier Bettel, merci soe fir säi schréfflechen a mëndleche Rapport, deen en an extrem kuerzer Zäit geschriwwen huet, grad esou wéi dem Claude Meisch fir säi Rapport virausser.

Dir hutt sengem Exposé no kënnen noverfollegen, dass dësse Projet de loi deponéiert ginn ass, an dat en elo ganz séier den Instanzewee iwwerstanen huet, an hei an d'Plénière kënnt. Et ass och näischt Erstaunlech, wann ech soen, dass och meng Fraktioun wäert dësse Projet de loi stëmmen.

Ech wollt nach eng Kéier ganz kuerz déi dräi Objektiver ëmraissen, déi mat dësem Rapport ugaange ginn. De Sport huet numol eng wichteg Plaz an eiser Gesellschaft, engersäits an eise Schoulen. Dem Schoulsport gëtt eng ganz grouss Wichtigkeet an Importenz zougemooss, esougutt vun den Enseignant wéi vun de Kanner, de Schüler an den Elteren. Ech mengen, deem Wunsch musse mir och als Gemengeninstanzen nokommen, och wann ee vläicht selwer net esou sportlech ass - zu där Kategorie gehéieren ech nämlech -, mee et ass awer e Wunsch, deen een als Demokrat ze respektéieren huet an dann och déi néideg Ausféierunge muss maachen.

Och doriwwer eraus ass et wichtig, dass d'Gemengen hir Sportinfrastrukturen esou ausrichten, dass se net nëmme vum Schoulsport gebraucht kënnen gi während de Schoulstonnen, mee och vun de Veräiner, fir d'Liewen an der Gemeng an dat vun hirer Populatioun ze beliewen. Ech mengen, dat sinn Ausgaben deenen d'Gemengen am Allgemenge gären nokommen, an et ass wichtig, dass se déi richteg Renseignementen am Ministère kréien.

Bis ewell, mat deenen Echoen, déi een esou kritt vun de Gemengen, muss ech soen, dass deen Echo, deen ee gewéinlech am Ministère fënn, an déi Demande de renseignements, déi een huet, kritt een ëmmer zur vollster Satisfaktioun beäntwert. Ech hoffen, dass déi Approche bei dësem Ministère wäert bleiwen, well bis ewell ass se ganz zefridddestellend.

Den zweeten Objektiv an dësem Gesetz war fir enger Kritik nozekommen, déi de Statsrot méi wéi eng Kéier soulevéiert hat, déi an der Realitéit awer Problemer gemaach huet, an zwar ze trennen tëschent den Infrastrukturen, deen neien Infrastrukturen an de Modernisatiounen.

Ech mengen et war gutt, datt d'Madame Brasseur de Courage hat, fir mat dësem Gesetzestext déi zwee Objektiver ze trennen, well et erlaabt eng ofen Transparenz an de Konten, an net sou ee Va-et-vient tëschent dem en-

gem an dem aneren. Ech mengen, et ass elo méiglech, fir Transparenz an de Konten ze schaffen, an et wär och flott, wann dat esou gehandhaabt géif ginn.

Drëttens, déi Tabula rasa, déi dës Regierung gemaach huet, déi, menger Meenung no, gutt war, a wou ech mech kann erënneren, wéi mer dee leschte Plan quinquennal an der leschter Regierungscoalitioun gestëmmt hunn, wou et geheescht huet, mer stëmmen elo ee siwente Plan quinquennal, mee en Deel vun deene Suen, dee gëtt ewell gebraucht, fir all déi Retarden, déi mer am sechste Plan quinquennal haten, iwwerhaupt emol opzeschaffen. Mat dësem Rapport gëtt mat där Problematik strikt opgehale, et gëtt Tabula rasa gemaach. Mer stëmmen hei esou vill Suen, datt mer engersäits déi Retarden, déi mer hate bei deene leschte Plans quinquennaux, opschaffen, plus datt déi Projeten, déi virgesi sinn, effektiv kënnen finanziell gedroe ginn.

Voilà, dat sinn déi dräi Objektiver, ënnert deenen dësse Projet de loi deponéiert gouf. Ech mengen, en huet d'Ennerstëtzung vum Comité olympique, wat jo déi gréisste Sportsspezialisten an eise Land sinn, a vum Statsrot kritt. Wéi gesot, eis Fraktioun wäert dësse Projet de loi stëmmen.

Ech ginn och net op déi Diskussiounen an, déi den Här Zanussi wëllt féiere mat der Madame Brasseur iwwert de Cahier des charges. Ech mengen, si ass besser placéiert fir déi richteg Positioun ze bezéien.

Eent ass gewëss: No deenen Erklärungen, déi mer kruten an der Kommissioun zu dësem Plan quinquennal, sinn ech iwwerzeegt, datt, wéi datt dat bis dato war, de Ministère déi richteg Hand wäert hu fir et ze géieren. Bis ewell och ouni Cahier des charges, fannen ech sinn d'Gemengen ëmmer ganz gutt vun dësem Ministère behandelt ginn.

A puncto Sportgesetz, Här Zanussi, also, wann ech elo mäi Courier électronique richteg verfollegt hunn, stellen ech fest, datt am Fong geholl momentan bei deem Sportgesetz, wéi soll ech soen, de Ball net bei eis an der Chamberskommissioun läit, mee beim Statsrot. Ech kann lech nëmme versécheren, soubal wéi den Avis vum Statsrot do ass, wäert dat Gesetz op de Leescht geholl ginn a wäerte mer et an der Kommissioun mat der Regierung zesummen analyséieren, an da musse mer gesinn, wou a wat fir eng Amendementer mer kënnen maachen.

Voilà, dat wollt ech un Erklärungen heizou ginn. Ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun an invitéieren d'Chamber dësse Gesetzprojet ze stëmmen.

Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Durdu. Den nächste Riedner ass den Här Colombero. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

M. Jean Colombero (ADR).- Merci. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt eise Merci un den Här Bettel fir seng mëndleche a schréffleche Contributioun zu dësem Gesetzprojet, dee sech mat der Finanzéierung vu sportlechen Infrastrukture beschäftegt. Dat gëtt eis och d'Geeleëenheet, fir méi intensiv iwwert de Sport hei zu Lëtzebuerg ze schwätzen, en Thema, wat hei op der politescher Bühn ganz selten ugeschwat gëtt an nëmmen ongenügend Unerkennung fënn.

Zum Projet selwer muss een zréckbaleen, datt dat heite schonn den aachte Fënnfjoresplang ass, a bei wäitem deen deiersten. Wann deen éischte Fënnfjoresplang 1968 160 Milliounen Flux zur Verfügung gestallt huet, esou gouf dee leschten, dat heescht de siwenten, no der Adaptatioun, déi mer haut stëmmen, mat 2,2 Milliarden al Lëtzebuurger Frang dotéiert. Deen neien aachte Fënnfjoresplang, dee mer haut stëmmen wäerten, hëlt mat 4,8 Milliounen Frang schonn aussergewöhnlech Rekordkonturen un, ëmsou méi well d'Renovéierungsarbechten an d'Ennerhalungskäschten vun de Ge-

baier, déi elo scho funktionell sinn, nach extra am Budget behandelt solle ginn, a mat dësem Gesetzprojet näischt ze dinn hunn.

Et gëtt also zolidd an d'Infrastrukturen investéiert. Méi wéi fofzeg Gemenge kréien eng substantiell Hëllef, fir sportlech Infrastrukturen opzebauen. Ech erlabe mer eng Fro: Wéi héich wäert den néngte Fënnfjoresplang sinn am Joer 2008: Éischstens, wa méi Leit am Land sinn, Stéchwuert 700.000 Awunnerstat; zweetens manner Terrain zu Verfügung steet, Stéchwuert héich Baupréisser, drëttens manner Wuestem besteet? Fir de Moment op jidder Fall geet d'Rechnung nach op.

Wat ech ze bemängelen hunn, ass de Fait, datt näischt fir eeler Leit virgesi gouf, zum Beispill wat sportlech Aktivitéite vu Persounen an engem Altersheim betrëfft. Esou sinn ech virun e puer Méint vun der Bauteministesch, der Madame Hennicot-Schoepges zréckgepaff ginn, wéi ech proposéiert hunn, fir eng Piscine oder eng Keelebunn an dat neit Altersheim zu Wolz ze bauen. Dat géif ze deier kaschten! Et kéint ee sech awer virstellen, datt bei esou engem Fënnfjoresplang wéi deem heiten. een och déi eng oder aner sportlech Infrastruktur an den Altersheimer op jidde Fall bei allen Neibauten, mat finanzéiert kéint. Well, wann ee vu sportlechen Aktivitéite schwätzt, da wann ech glift fir jiddereen: fir déi Jonk, fir déi manner Jonk, an net ze vergiesse fir déi behënnert Leit, déi och frou wären, wa se hir eege Strukturen hätten, fir hir Perséinlechkeet ze entweckelen.

Ze bemängelen ass och de Fait, datt net vill am Fënnfjoresplang ugebuede gëtt fir Touristen unzelackelen. Stéchwuert Skipiste zu Buerschent. Dat wär eng Occasioun, fir eng ganz Region fir sech ze profiléieren: fir d'Restaurateuren, fir d'Hôteliere, fir déi regional Bioprodukte ze fördern, fir Okotourismus ze fördern. Eng Kombinatioun vu Sport a Kultur, verbonne mat enger ökobiologescher Komponent géif een Touristeboom mat sech féieren. Firwat net ee Subside fir Restaurateuren an Hôtelieren, fir e Wellness-Center an hire Strukturen opzemaachen? Dat wär Förderung vum Tourismus duerch de Sport.

An déiselwecht Richtung misst een, menger Meenung no, och an de Spideeler goen. Eng sportlech Infrastruktur mat engem Turnsall oder enger Piscine wär en Ausgäich, an déi krank Leit kéinte sech par rapport zu hirer Situatioun nei positionéieren. Also, et sinn am Beräich vun de bestehenden oder nach ze bauende Strukturen nach vill Méiglechkeeten op, fir am Beräich vum Sport ze investéieren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Phenomeen Sport gëtt ëmmer méi an déi falsch Richtung gefouert duerch de sougenannte Sportbusiness, wou een ëmmer méi d'Impressioun kritt, datt deen Éischten eleng zielt. Deen Zweeten an enger Compétitioun ass schnell vergiess, geschweige dass vun deem Drëten oder vun deem Vierte geschwat gëtt, oder vun deene Leschten, déi unter ferner liefen opgezielt sinn. Esou Beispiller kenne mir der ganz vill. Beim Autosport ugefaangen, iwwert de Fussball bis hin zum Tennis.

Ze komplimentéiere sinn déi Leit, déi sech vun esou engem Sport distanzéieren. Obschonns de Phenomeen Sport vill finanziell Mëttele brauch, därer d'Geld am Sënn vun der Sportsethik net dem Sport säin eegent Gesetz diktéieren. De Sport als Wuer unzegesinn, als Zil vun der Rentabilitéit, hëlt dem ursprüngelechen Zil, nämlech Mens sana in corpore sano - ee gesonde Geescht an engem gesonde Kierper -, all Existenzdasein ewech.

Dat eigentlecht Zil vum Sport ass een anert. Sport ass en Instrument, dat fir d'Education wichtig ass, dat een Accés an eng Agladderung an d'Gesellschaft erméiglecht an e Mëttel zu individueller Entfaltung duerstellt, verbonne mat dem Kenneléiere vun an dem Respekt géigeniwwer anere Leit. Also, de Sport ass e Ganzt. Déi Tugenden, déi de Phenomeen Sport huet am Beräich vun der Gesondheet, vun der Solidaritéit, vun der Education, vun der Integratioun an d'Gesellschaft, an d'Schoul an op der Aarbechtsplaz, des sozial Roll vum Sport ass duerch näischt ze ersetzen, a scho guer net duerch e perverse Drang, fir all Wäert an der Gesellschaft mat Geld wëllen

ze moossen. Ëmmer méi Leit - an ëmsou méi erfreelech, ëmmer méi eeler Leit - entdecken de Sport als Quell vu Freed, Wuelfillen, vun Aus-sech-erausgoen an u seng Grenze goen an e méi positivt Bild vu sech ze hunn.

An enger Zäit, wou vill Leit Schwieregkeeten hunn - haaptsächlech déi Jugendlech, speziell déi an d'Droge gefall sinn, oder riskéieren ze falen -, ass de Sport ee Schlëssel fir aus dëser Isolatioun erauszefannen an ass onbedingt ze fördern, sief et präventiv, sief et als Therapie. Et geet dorëms, fir desorientéiert Kanner a Jugendlech nei ze orientéieren an hinnen en neit Selbstbewusstsein ze vermëttelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Wieder iwwert de Sportunterrecht. De Sportunterrecht bemëit sech, fir biologesch a physiologesch Akzenter am Domän vun der Motorik ze setzen. Alles wat mat Kierperlechkeet a mat der Fäegkeet fir sech ze bewegen zesummenhänkt, gekoppelt mat enger Repercussioun op psychologesch Integrationsprozesser am Gehier a mat enger emotionaler Komponent am Séielewien, dat alles féiert zur Entwecklung vun der Perséinlechkeet an ass ee vun den Haaptziler vum Sportunterrecht.

Mir hu momentan ganz vill Kanner an de Schoulen, déi Schwieregkeeten hu fir ze léieren, fir ze artikuléieren, déi hyperaktiv sinn: Dyslexie, Dyscalculie, ADS-Syndrom. An dësem Beräich kann ee flächendeckend mam Phenomeen Sport eng Äntwert ginn.

Här President, ech wëll d'Chamber informéieren, datt ech d'Regierung interpelléiere wëll iwwert den Thema "biomedezinesch Aspekter am Schoulwiesen", wou ech dann in extenso déi biologesch a medezinesch Aspekter, déi sech am Kader vun der Schoul presentéieren, duerleeë wëll a versiche wëll eng Äntwert op d'Problemer, zesumme mat de verschiddene Parteien a mat der Madame Minister, ze fannen.

Une voix.- Très bien.

M. Jean Colombero (ADR).- Här President, wann ee vu Sport schwätzt, da soll een och vum Bénévolat schwätzen, e soziaalt Engagement, e fräiwëllegen Asaz, deen op politescher Basis net genuch Unerkennung fënn.

De Kolleeg Bodry huet a senger Interpellatioun genügen drop higewisen. Et kann ee finanziell Mëttele fir Infrastrukture fräi maachen, dat ass gudd esou, awer ouni de Mann oder d'Fra, déi Dier opspären, déi d'Dusche botzen, den Terrain méinen, déi fir d'Lesen an d'Dränke suergen, an nach aner Aktivitéite vum Sekretär bis zum Trainer, leeft am Sport guer näischt. Ouni politesch Ennerstëtzung vun dëse Leit, riskéiert de Sport fréier oder spéider an d'Labrängen ze kommen. Vun hei nach eng Kéier en Appel: Infrastrukture jo, awer de Bénévolat méi valoriséieren.

Här President, fir op de Projet vun haut zréckzekommen: D'Fraktioun vum ADR gëtt hir Zoustëmmung zu dësem Projet, wëllt awer der Mme Minister un d'Häerz leeën, fir nach méi transparent ze ginn. Wat d'Enveloppe financiëre ugeet, wëlle mir déi genee Chifferen duergeluegt kréie vum aachte Fënnfjoresplang, trotz verschiddenen Inconnuen an och vum siwente Fënnfjoresplang, dee praktesch schonn exekutéiert ass.

Wat sinn déi genau Critären op déi sech baséiert gëtt, fir d'Enveloppe ze verdeelen? De Problem ass jo deen heiten, datt d'Gemengen net wëssen, weini datt si hir Sue kréien. Ass et dëst Joer oder ass et nächst Joer? Do läit jo dee ganze Problem. Gëtt de Buergermeeschter vu Consdorf d'selwecht behandelt wéi d'Buergermeeschterin vu Wëntger, wann e Sportterrain gebaut gëtt? Gëtt de Buergermeeschter vun Dikrech d'selwecht behandelt wéi d'Buergermeeschterin vu Mondorf oder d'Buergermeeschterin vu Wëntger, wann eng Piscine gebaut gëtt?

(Brouhaha général)

An anere Wieder - fir datt jiddferree meng Fro versteet: Gëtt eng Gemeng, wou ee liberale Buergermeeschter un der Spëtz ass, d'selwecht behandelt wéi eng Gemeng, wou kee liberale Buergermeeschter un der Spëtz ass? Ass iwwerall am Land d'Chancéglicheit - wann ech mech esou ausdrécke

kann - garantiert? Kënne mir als Parlament eise Kapp a Rou leeën, datt kee Favoritismus bedriwwen gëtt? Als Partei si mir frou fir all Äntwert, déi mer kënne kréien.

Ech wëllt awer nach eng Motioun rapeléieren, déi mer de 5. Abrëll 2000 hei unanimement gestëmmt hunn, während der Interpellatioun vu mengem Kolleg, dem Gast Gibéryen, wou mer gefrot haten, dass d'Regierung invitéiert sollt ginn, fir präzis Critèren auszuschaffen, an et esou de Gemengen ze erlaben, fir e Budget am Virus ordentlech ze preparéieren. Bis elo ass dës Motioun nach net ëmgesat ginn.

Ech schléissen of. Mir ginn den Accord zu dësem Projet an der Hoffnung, datt d'Gemengen alleguerten d'selwecht behandelt ginn. Merci.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Garcia ageschriwwen. Här Garcia, Dir hutt d'Wuert.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, same procedure every five years an da gi mir erëm mat der Strenz iwwert d'Land. Dës Kiéer, amplaz touristesch Infrastrukture maache mir Sportinfrastrukturen no engem Plan sectoriel, deem ee kéint als e Plan sectoriel vun ennen definéieren, well d'Demandé komme jo vun de Gemengen, an dobäi ass natierlech zimlech garantéiert, dass vun alle Banken en eenhellege Soutien fir dëse Projet kënnt. Mir wäerte selbstverständlech dësem Projet eis Zoustëmmung ginn.

Déi Tatsaach, dass dee Plan sectoriel vun der Basis ass, huet natierlech de Virdeel, dass en de reelle Besoinen oder deene Besoinen zumindest, wéi d'Gemengen se definéieren, entsprécht. Dat huet deem Nodeel, dass ee kéint esou e Potenzial hunn iwwert d'Land vu mindestens 120 grouse Sportshalen oder 120 kleng Sports-halen a vun 120 Piscinen. Dat, wat de Ministère muss maachen ass natierlech e Kompromiss ze erreechen zwëschent der lokaler Demande, déi helandsdo vläicht kann op engem gewëssenen Territoire méi konzentréiert si wéi op engem aneren, an enger gewësser landesplanerescher Raison.

Et ass kloer, datt wann een a leschter Zäit schwätzt vu méi landesplanerescher Kompetenz, da misst et iwwert déi Prozeduren, déi de Ministère de Moment huet, fir gewësse Projeten net ze subventionéieren oder anerer ze subventionéieren, awer esou eppes gi wéi e Plan sectoriel, ähnlech wéi am Schoulwiesen oder am Transport, well mir denken, datt besonnesch am Hibleck op d'demographesch Evolutioun vun eisem Land mir nach wäerten déi nächst 10, 20 Joer verstärkt iwwer esou Infrastrukture schwätzen. Ech denken, datt e Plan sectoriel besser dozou géeege wär, fir e besseren Equilibre vun den eenzelne Regiounen a puncto Infrastrukturen ze erreechen.

Domatter kéint een zum Beispill superfétatoire Installatiounë verhéinneren, genau wéi ee kéint verhéinneren, dass eenzel Regiounen zimlech staark Defiziter a verschiddene spezielle Sparten opweisen. Ech huelen e Beispill eraus, an dat ass d'Beispill, wat ech eigentlech eréischt entdeckt hu wéi ech meng Interpellatioun iwwert den Tourismus gemaach hunn, nämlech dat vun engem mangelnden Ugebuet vu Schwemmen am Norden. Deemoools, wéi ech do e bëssen enquêtéiert hat, hu verschidden Acteure vum lokalen Tourismus gesot, dass si besonnesch a Reeperiode Schwierigkeeten hätten d'Leit: d'Touristen an d'Touristinnen, op oppen, hallef zoun oder haaptsächlech natierlech op zoue Schwemmen ze orientéieren. Dee Moment ass schonn an de Raum gestallt ginn, datt missten an där Regioun eng oder zwou méi grouss Installatiounen, à la limite souguer en Erlebnisbad installéiert ginn. Déi Erlebnisbieder si jo natierlech net onkontestéiert, anerersäits ginn et haut Moyenen, fir déi maximal energieeffizient ze installéieren. Op alle Fall si se méi sënnavoll wéi aner Projeten, déi sécherlech näischt mat Biomotorik an ähnlech Uleies ze dinn hunn.

Ech hu mer dann awer soe gelooss, datt net nëmmen an touristescher Hinsicht an där Regioun Defiziter bestinn, mä souguer am Beräich vum Schoul-sport. Ech hu mer soe gelooss, datt a verschiddene Gemengen d'Kanner op Bitburg oder an Däitschland gefouert ginn, fir kënne schwammen ze goen. Dat entsprécht natierlech net immens deene Fuerderungen, déi all Mënsch hei erhieft, dass all Schüler a Schülerin datselwecht Recht huet op déi elementar Sportsaarten.

An der Kommissioun ass déi Fro haaptsächlech am Raum Ettelbréck opgeworf ginn. Do ass gesot ginn, dass eben am Moment nach zwëschent de Gemenge keng Eenegung zustane komm ass, an dass de Ministère ëmmer erëm beméit ass, fir do eng regional Léisung ze präconiséieren. Fir deem Uleies, wat jo sécherlech en unanimt Uleies hei an der Chamber ass, e bëssen Nodrock ze verleien, hunn ech eng kleng Motioun hei preparéiert, déi d'Regierung opfuertert an de besch méiglechen Délaien, an natierlech a Kollaboratioun mat de Gemenge vum Norden, e regionaalt Konzept, fir Schwemmen am Norden ze élaboréieren a fir ze kucken, dass et esou schnell wéi méiglech zu der Realisatioun vun esou Infrastrukture kënnt.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant que la réalisation et le maintien d'un réseau dense d'infrastructures sportives à travers tout le pays permettent non seulement de rendre plus attrayantes les régions et communes, mais profitent dans une large mesure au bien-être de la population ainsi qu'à l'éducation sportive et les loisirs des enfants;

- considérant que, faute d'infrastructures suffisantes au niveau des piscines couvertes, les communes de la région du Nord ont des difficultés à garantir des cours de natation aux élèves des écoles primaires;

- considérant qu'il importe de garantir à tous les élèves du primaire une éducation sportive complète;

- considérant également le potentiel d'utilisation de telles infrastructures pour le développement touristique de la région du Nord;

- considérant qu'il importe d'éviter un trop grand éparpillement de telles infrastructures ne répondant pas à une évaluation raisonnable des besoins;

invite le Gouvernement

- à élaborer dans les meilleurs délais, en collaboration directe avec les communes du Nord du pays, un concept régional permettant de trouver une solution à la pénurie actuelle en matière d'infrastructures sportives au niveau de piscines;

- à donner une priorité à la réalisation de ces infrastructures.

(s.) Robert Garcia, François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagner.

Ech wëll dann zum Schluss - ech muss oppassen, net datt déi schonn eng Kiéer gestëmmt gi war, mä ech mengen déi heite war nach net gestëmmt ginn - nach eng Kiéer kuerz méi eng allgemeng Remarque maachen: Mir si jo hei zu Lëtzebuerg ëmmer schnell a generéis, wann et drëm geet ze bauen, vill Bëton ze verbrauchen, mee wann et ëm d'Inhalter geet, souwuel an de Beräicher vu Kultur a vun Tourismus, wéi an anere Beräicher, da si mer e bësse méi zéi.

Et ass ee gewësse Besoin, net nëmmen hei an der Chamber, mä an der Öffentlechkeet do, fir e bësse méi allgemeng emol iwwert d'Inhalter an d'Orientéierung vum Sport ze diskutéieren. Um Niveau vun der Education physique et sportive, do si ganz vill Initiative vun de Sportsproffen komm, déi awer net alleguerte satisfaisant ageléist konnte ginn. Och um Niveau vum Leeschtungssport, do besti jo gewësse Malaise wéinst der Diskrepanz zwëschent dem Opwand an de Resultater. Um drëtten Niveau, dee vum Breddesport, wat net de Sport ass vun deene Breeden, mee de Sport vun der Allgemengheet, do schéngen allgemeng gewësse Malaisen ze bestoen.

Ech wëll elo net weider dozou Ausféierung maachen, well d'Geleeënheet bitt sech jo nach wann dat Gesetz iw-

wert de Sport, wou den Här Zanussi schonn nogefrot huet wou dat hänkt, hei an d'Debatt kënnt, anerersäits, mengen ech, huet den Här Zanussi selwer eng Interpellatioun iwwert de Sport gemaach, wann ech mech net ieren. Et bitt sech also nach genuch Geleeënheet, fir doriwwer ze diskutéieren.

Ech wëll awer trotzdem, fir e bëssen d'Marschrichtung vun eiser Diskussioun ze skizzéieren, en Artikel zitéieren aus dem "Lëtzeburger Land" vum Robert Decker, deem, menger Meinung no, ganz interessant Diskussiounsustéiss gëtt. Nodeem hien de Comité olympique zimlech kritiséiert huet iwwer seng einseitig Orientéierung zum Leeschtungssport, seet hie Folgendes, an dat passt vläicht e bëssen an eis Diskussioun eran: "Unsere Sportvereine und -verbände beschränken sich in der Regel auf eine einzige Sportart, die dazu nur in ihrer jeweiligen reglementierten und kodifizierten Wettkampfform angeboten wird. Ihr Hauptanliegen ist die erste Mannschaft, meistens nur die der Herren, manchmal auch zusätzlich die der Damen. Jugend- und Kinderabteilungen dienen in der Regel zur Heranbildung oder Züchtung von Nachwuchsspielerinnen und Athletinnen.

Hier werde, wie mir kürzlich stolz ein Vereinsdirigent anvertraute, keine Cahouète geduldet, wobei die Trainer und Vereinsleiter dafür Sorge tragen, daß die schwächlichen, ungeschickten, sportmotorisch nicht begabten Kinder und Jugendliche ausselektioni- niert werden."

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ech wëll mech net mat deenen Aussoen identifizéieren, ech zitéieren se just als interessante Beitrag. Ech wëll lech dat net virethalen: "Die anderen Vereinsmitglieder sind zahlungswillige trinkfreudige Supporteurs für die eigene sportliche Aktivitäten kaum oder doch nicht in ihrem Verein in Frage kommen. Für diese Sportvereine ist es nur normal und selbstverständlich, dass Gemeinden und Staat die erforderlichen, von Steuergeldern erbauten und unterhaltenen Sportstätten, gratis prioritär zur Verfügung stellen und dazu noch für den Unterhalt sorgen. Alle anderen, nicht an Sportaktivitäten in Wettkampfform interessierte oder ge-eigenete Kinder, Jugendliche, Männer und Frauen aller Alterskategorien müssen Ihre Leibesübungen sonst wo suchen. Ihnen bleibt das Walking, lies schnelles Gehen und Wandern, das Jogging, lies laufen ohne zu schnaufen, das Schwimmen im langen Winter in den öffentlichen geheizten Schwimmbädern sowie im Sommer bei schönem Wetter im Stausee. Dazu kommen die allerdings kostenintensiven, wie Pilze aus dem Boden schie-sende privaten Fitness-, Trimm- und Wellnessclubs und glücklicherweise die immer zahlreicheren sportlichen Angebote von Gemeindeverwaltungen. Dies nicht nur in den grösseren Städten und Ortschaften, sondern auch in Landgemeinden. Die steigen-de Nachfrage im Bereich des Gesundheitssports zeugt von einem realen Bedürfnis von immer mehr Menschen nach angepassten, abwechslungsreichen körperlichen und sportlichen Aktivitäten."

Deem leschte Schlusssaz ass näischt méi bäizefügen. Ech freeë mech schon, datt mer niewent den Infrastrukturen an Zukunft kënne iwwert d'Inhalter vun der Sportpolitik diskutéieren. Ech soen lech merci.

Des voix. - Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Scheuer agedroen. Den Här Scheuer huet d'Wuert.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech reie mech dann an an de Cortège vun deene sportleche Massendénger, déi hei virum Sport op de Kniee leien an deelweis virun der Mme Minister, dat obscho mir perséinlech all Schan-ken munchmal wéidoen, well ech Sport gemaach hunn, vläicht net gutt, awer ze vill an ze laang. Domadder

wëll ech déi Euphorie vum Här Bettel e bëssen dämpfen, dee bal op eng devot Aart a Weis hei zelebréiert huet.

Ech schléisse mech dem Här Colom-bera un, deem sengem Discours an Exkurs iwwerhaapt näischt bäizefü- gen ass. E war philosophesch, e war medezinesch, en huet gesellschaft-lech Aussoe gemaach.

Och den Här Garcia war wierklech explizit an huet Perspektiven opge- maach, déi ech mer vun him net er- wart hat. Ech soe just nëmmen e puer Remarken an ech stellen e puer Froen un d'Mme Minister.

Zur Enveloppe vum aachte Plan quin-quennal, deem hei erméiglecht gëtt, ass Folgendes ze soen: Mir hoffen, datt déi Enveloppe vun 120 Milliounen, déi virgesinn ass, bis den 31. Dezem-ber 2007 hält. D'Mme Durdu ass der Meenung, datt dat de Fall ass. Ech wollt d'Mme Ministerin froen, ob si och esou gudder Hoffnung ass, datt mer net an déiselwecht Situatioun kommen an där déi fréier Ministere waren?

Ech wollt dann ee Wuert soen zum Ar- tikel 6, wou 55,5 Milliounen virgesi sinn, fir déi Engagementer anzehalen, déi am siwente Plan quinquennal geholl gi sinn. Fait ass, datt effektiv vill Engage- menter geholl gi sinn, datt vill Geld in- vestéiert ginn ass bis elo an datt scho vill bezuelt ginn ass. Ech wollt wier- klech félicitéieren a merci soe fir déi Lëschten, déi un dat Gesetz hei uge- haang gi sinn an dee Finanzplang, dee virgesinn ass. Ech wollt d'Mme Mini- sterin awer froen, wéi séier déi Subsi- de kënne débloquéiert ginn?

Hei geet et ëm vill Geld, wat deelweis, oder zum gréissten Deel schonn inve- stéiert ginn ass a wou vill Gemengen drop waarden, datt dat, wat versprach ginn ass, dann awer och agehale gëtt. Wéi ass den Timing do dervun? Wéi séier kënnt Der dat ofwéckelen, be- sonnesch wann d'Gemenge jo awer och Plans quinquennaux mussen of- schléissen, fir den Timing vun hiren Dépense virgesinn. Den Exposé des motifs ass relativ évasif, fir et emol esou auszedrécken, a verschiddenen Aussoen. Ech zitéieren ee Saz: "Au stade actuel des choses, toute promesse serait fallacieuse." Ech weess net wien deem Term "fallacieux" gewielt huet, mee et ass en Term, deem zimlech staark ass. Wann een en elo au pied de la lettre hält, da kënnt een do Perspektiven ausmolen: eng Pro- messe fallacieuse wier e "betrüge- rescht" Versprechen dat de Stat ge- maach hätt oder maache kënnt. Abee, d'Mme Minister seet eis bestëmmt, wéi deem Timing ausgesi kann.

Wourëm geet et? Et geet ganz kloer ëm eng schnell Ofwécklung vu Pro- messen, déi virlieen, vun Engagemen- ter, déi entweder geholl gi sinn oder déi nach ze huele bleiwen. Et geet do ëm Engagementer, déi net nëmme bis den 31. Dezember 2002 fäerdeg sinn, mee déi deelweis schonn ofgeschloss sinn. Dat ass déi éischt Remarque.

Da maachen ech eng zweet Remarque zum Artikel 5 vum Gesetz. Mme Mini- ster, am Laf vun de siwwenzeger Jore si ganz vill sportlech Infrastrukturen hei zu Lëtzebuerg gebaut ginn, Infra- strukturen, déi vum Stat, respektiv vun de Gemenge gebaut gi sinn: schou- lesch Infrastrukturen, Halen a Piscinen, woubäi meng Virriedner jo op déi regelrecht Pénurie vu Piscinen hige- wisen hunn an allen Dealer vum Lëtze- buerger Land.

Déi Infrastrukturen, déi deemoools ge- baut gi sinn "selon les règles de l'art", wéi dat heescht, sinn haut um Enn. Dee gréissten Deel ass marot. Déi In- frastrukturen si vill benotzt ginn, si sinn ausgelaascht ginn, a si sinn iwwerbe- laascht ginn, eleng doduerch datt am Laf vun den Zäiten d'Schouklassem derbäi komm sinn.

Zweetens si vill vun deene Strukture net méi un d'Contrainté vum moderne Sportbetrib adaptéiert. Dat geet vum Buedembelag bis zur Salubritéit. D'Re- glementatiounen - dat hu vill Virriedner gesot - vun de Sportverbänn si ver- schäerft ginn, se si verfeinert ginn an dat bedingt, datt déi bestehend Infra- strukturen ugepasst musse ginn. Reno- véiere kascht Geld a renovéiere kascht munchmol méi Geld wéi en Neibau, awer meeschtens huet een net d'Alternativ, fir nei ze bauen, mee et muss ee rafistoléieren, verschidde- nes ofrappen an dann nei bauen.

Den Exposé des motifs vum Gesetz huet scho Recht. Et gëtt do e Kapitel an deem nämlech Rieds geet vun der Pérennitéit de l'infrastructure sportive. Dat Kapitel ass en eenzegen a ganz gudder Katalog vun de Problemen, déi sech beim Entretien an der Renovatio- un vun den eeleren an ale sportlechen Infrastrukture stellen. Et schéngt mir a menger Fraktioun onlogesch ze sinn, wann ee vu virus virgesäit, fir Reno- véierungsaarbechten manner ze sub- sidéieren, wéi nei Constructiounen, wéi nei Installatiounen a fir net d'Méig- lechkeet ze ginn, a festzeleeën a fest- zeschreiwen, datt een un déi Seuilen erugeet, déi nei Installatiounen eben erreeche kënnen.

Duerfir erlaben ech mer am Numm vun eiser Fraktioun eng Motioun virze- leeën, wou déi Seule festgeluegt ginn op 35% bei der Renovatioun vu Projets locaux, op 50% fir Projets d'intérêt ré- gional an op 70% fir déi Projeten, wou den Intérêt national dra vertrueden ass.

Motion 3

La Chambre des Députés,

- considérant que le huitième programme quinquennal n'est plus grevé de fonds affectés à des travaux de modernisation de l'infrastructure sportive existante;

- considérant que l'article 5 du projet de loi 4978 prévoit que "la loi budgétaire fixe annuellement des dotations pour subventionner les travaux de maintien et de rénovation d'installations sportives en place";

- considérant que de nombreuses installations existantes présentent des dégradations constructives, des défauts fonctionnels nécessitant des mises en conformité indispensables dans l'intérêt de l'hygiène, de la sécurité ou de l'adaptation des infrastructures à ces réglementations et normes internationales;

- considérant l'envergure des investissements à charge de nombreuses communes concernées;

invite le Gouvernement

- à prévoir pour les travaux de rénovation et de maintien des taux de sub- sidiation identiques à ceux prévus pour les investissements éligibles dans le cadre du 8e programme quinquennal à savoir 35 % pour les projets locaux, 50 % pour les projets d'intérêt régional et 70 % pour les projets à intérêt national.

(s.) Jos Scheuer, Alex Bodry, Jeannot Krecké, Lydia Mutsch, Marc Zanussi.

Da wëll ech nach zwou Remarque ma- chen, dovun eng ganz kuerz. Mme Mi- nister, d'Education nationale brauch Sportshalen a Piscinë vun de Gemengen. An déi Sportshale geet eng ganz Serie vu Schouklassem an et ass kloer, datt de Schoulbetrib vun de Lycéëen net kënnt oprecht erhale ginn, wann net d'Gemenge géifen hir Installatiou- nen zur Verfügung stellen. Wéi gëtt elo déi Locatioun ofgewéckelt tëschent de Gemengen an tëschent dem Stat? An deene meeschte Gemengen leeft dat iwwert d'Taxéreglement vun de Ge- mengen. Et handelt sech einfach ëm eng Schätzung an de Stat liquidéiert dann, munchmol mat Verspéidung, munchmol nodeem et schonn um Re- stantenétat steet, seng Schold. D'Pro- zedur, wéi dat ofgewéckelt gëtt, ass net méi modern.

Mme Minister, mir froen, ob een net soll an déi Richtung goen, déi scho vun anere Gemenge gewise ginn ass, mat Arem Accord, selbstverständlech, nämlech fir en anere Schema ze ent- wéckelen am Fall, wou Mengengenin- frastrukturen dem Stat zur Verfügung gestallt ginn, fir eng Konventioun aus- zeschaffen, wou zum Beispill e Begrëff wéi den Amortissement vun deenen In- frastrukture mat verrechent gëtt. Dat ass iwrengs en Term, deem taucht ganz oft am Exposé des motifs op, ou- ni datt een elo awer konkret eppes do- mat ufänke kann.

Wat ass den Amortissement vun enger Sportshal vun enger Gemeng, wou d'- Gemeng selwer den Term "amortisse- ment" emol an hirem Budget net kennt? Dat ass ni gefrot gi bis elo. Du- erfir eng Fro: Wéi kënne mir eis ulyeën, fir datt équitablement do en Accord getraff gëtt tëschent Gemeng a Stat, wann de Stat Locataire vun den Infra- strukture gëtt an deelweis Personal ge- braucht, wat zur Verfügung gestallt

gëtt vun de Gemengen? Dat ass déi drëtt Fro, déi ech stellen.

Bei menger véierter Fro hänken ech mech un dat un, wat den Här Haupt gesot huet a wollt dat ausbauen. Et geet dorëm, datt déi schoulesch Infrastrukture mussen opgemaach gi fir d'Allgemengheet, fir datt se net eidel stinn an engem Moment, wou déi aner Infrastrukturen hoffnungslos iwwerlaascht sinn. Och do misst ee Konventionen ausschaffen.

Ech verstinn, dass verschidde Lycéen hir Infrastrukture schützen vis-à-vis vun enger ze vill larger Benotzung duerch Kompetitiounssportsarten, mä op der anerer Säit ass awer de Besoin esou grouss an et gëtt eng Pénurie, dass et net ze vertrieben ass, wann déi Infrastrukturen eidel stinn, net vun de Veräiner genotzt kënne ginn aus Ursaachen, déi munchmol vun eenzelne Leit ofhänken: vum Portier, vum Direkter oder vum Surveillant tout court.

Hei muss eng Initiativ geholl ginn. Et muss ee sech zesummesetzen. Et wär vläicht um Niveau vum SYVICOL fir eng Léisung ze proposéieren, mee ech wär fro, wann d'Mme Minister hei eis géif entgéint kommen an eng Antwort géif ginn op déi Fro oder eng d'-Suggestioun géif maachen. Ech soen lech villmools merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussionsriedner huet den Här Aly Jaerling d'Wuert gefrot. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

M. Aly Jaerling (ADR).- Här President, Dir Damm an Dir Hären, den Här Haupt huet hei richtegerweis uklänge gelooss, dass een all Sportsarte soll fördern. Hie weess jo am beschte vu wat, dass e schwätzt, an ech als fervent Sportfanatiker kann deem awer nëmme voll zoustëmen.

Duerfir muss ech mat Bedauere feststellen, dass och an dësem Fënnefjoresplang dës Regierung keng Plaz a keng finanziell Moyaen fonnt huet, fir emol eng Kéier en nationale Keelesportcenter mat an dee Plang eranzebréngen.

(Brouhaha général)

Ech wëll awer dozou bemierken, dass deemools, wéi um Kierchbiereg de Keelesportcenter verworf ginn ass aus finanziellen Ursaachen, en Accord mam Ministère des Sports getraff ginn ass, wou d'Keelesportler konnten op der Kockelscheier mat Ennerstëtzung vum Ministère hire Sport bedreiwen, mee dass awer elo den Zenter bedauerlecherweis net méi duergeet, an net méi deenen internationale Bedingungen entsprécht. En entsprécht souguer net méi de Kommodobedingungen, wann do eng Weltmeeschterschaft zum Beispill géif stattfannen an do iwwer 500 Leit wieren.

Ech wëll hei emol eng Kéier bemierken, dass de Keelesport deen erfollegräichste Sport ass, dee mir an deene leschten 20 Joer haten, wann net iwwerhaapt. Niewent dem Fëschchen, Här Graas, selbstverständlech!

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Mir haten awer am Keelesport zweemol de Weltmeeschter par équipe an zweemol de Weltmeeschter am Individuel an deene leschten zéng Joer. Ech wëll nach bemierken, dass et en typesch Lëtzebuerg Sport ass, an trotzdem awer e Sport ass, dee ganz vill zur Integratioun bäidréit, an dass eng ganz Rei vun eise portugisesche Kollegen dee Sport opgegraff hunn, an dass elo souguer a Portugal si um Wee sinn, fir sech international ganz positiv ze entwéckelen. Dat heescht, dass dee Sport en Integrationssträger ass.

Ech wëll bemierken, dass an deem Sport ganz vill Jugendarbecht gemaach gëtt. Et si ganz vill Jugendlecher un deem Sport interesséiert. Et gëtt doduerch eng Rei Jugendlecher vun der Strooss geholl.

M. Jos Scheuer (LSAP).- Si ginn an d'Wirtschaft.

M. Aly Jaerling (ADR).- Et deet mer Leed, do sidd Der schlecht informéiert. Elo wëll ech dat och emol kloerstellen: Am Keelesport gëtt bei internationale Kompetitiounen a bei anere Kompetitiounen weder gefëmmt nach

gedronk. Dat ass verbueden. Et gi souguer grad esou Virschreffe wéi an aner Sportsarten, dass se mussen hir Uniform undoen, dass se mussen ugedoe si wéi bei all aner Sportsart. Do sidd der leider falsch informéiert. Dir dierft net den Hobbykeelesport mam richtige Keelesport verwiesselen.

Bon, dat gesot, wëll ech nach dozou bemierken, dass zum Keelesport de Bowling gehéiert. De Bowling, deen et elo dës Kéier zwar nach net gepackt huet, fir déi olympesch Kriterien ze erfüllen, mee deen deemnächst wäert olympesch sinn. Op der Basis vum Bowling hu mer awer keng Infrastrukturen. Wou mir awer elo wëssen, dass de Bowling d'nächst Joer olympesch wäert ginn, misste mir eis dorop preparéieren, fir déi néideg Viraussetzungen fir de Bowling ze schafen, fir dass de Bowling hei am Land ka seriö bedriwwen ginn.

An deem Zesummenhang, Här President, géif ech mir erlaben am Numm vun alle Keelesportler eng Motioun ze deponéieren, déi d'Regierung opfuert an der nächster Zäit drun ze denken, fir en nationale Keelesportcenter hei am Land ze bauen. Ech soen lech merci.

Motion 4

La Chambre des Députés,

- considérant le projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un huitième programme quinquennal d'équipement sportif et modifiant l'article 1er de la loi du 24 décembre 1997 concernant le septième programme quinquennal d'équipement sportif;

- constatant qu'il n'existe point de centre national pour joueurs de quilles traditionnelles et de bowling;

- considérant que tous les actifs de ces sports dépendent d'infrastructures privées en nombre suffisant;

- considérant que le programme directeur d'équipements sportifs ne comporte pas un projet de construction d'une telle infrastructure;

invite le Gouvernement

- d'intégrer dans le programme directeur d'équipements sportifs un centre national pour joueurs de quilles traditionnelles et de bowling.

(s.) Aly Jaerling, Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Robert Mehlen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Sportsministesch, d'Mme Anne Brasseur.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Här President, Dir Damm an Dir Hären, wann een iwwer Sportinfrastrukture schwätzt, kann een zwou Approchen hunn. Et kann een d'Approche hunn, dass ee seet: D'Glas ass hallef eidel oder et kann ee soen, d'Glas ass hallef voll. Et kann een dat mat Waasser maachen, et muss een net un aner Gedrenks dobäi denken.

Ech hunn esou d'Impressioun, wann ee verschidde Riedner nogelauschert huet, dass déi nëmmen iwwert dat geschwat hunn, wat nach hei an do géng feelen an duerch wat d'Infrastruktur nach onbedéngt misst ergänzt ginn. Ech wëll all deene merci soen, déi en allgemenge Beitrag geleescht hunn zu der Diskussioun. Ech wëll besonnesch deene merci soen, déi engagéiert sinn als President vun enger Sportsfederatioun oder an enger Sportsfederatioun aktiv engagéiert sinn, ouni hei fir hir Sportsfederatioun geschwat ze hunn, wéi beispillsweis d'Mme Nagel, déi engagéiert ass an der Tennisfederatioun, den Här Zanussi an der Gymnastikfederatioun, de fréiere President vun der Basketsfederatioun oder de President vun der Leichtathletikfederatioun, den Här Bodry, fir nëmmen déi ze nennen. All déi hunn net pro domo geschwat, mee allgemeng iwwert de Sport. Ech mengen hei geet et ëm den allgemengen Équipement sportif.

Ech wëll soen, dass mir eis hei am Kader vun engem Gesetz bewegen, wou et net drëm geet, Infrastrukturen ze schafen am Kader vu Spideeler, vun Altersheemer oder vu Schoulen. Hei geet et ëm de Plan quinquennal d'équipement sportif, wou de Stat Equipement subventionéiert, déi vun a mat de Gemengen zesumme gebaut ginn.

Ech wollt emol, Här President, opzählen, wat mir vu Sportséquipementen hei am Land hunn. Duerfir hunn ech och gemengt, dass, jee nodeem, d'Glas hallef eidel oder hallef voll ass. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg 48 grouss Turnhalen. Mir hu 67 kleng Sportshalen, wou all Sportsarte kënnen dran ausgeübt ginn, außer den Handball. An dann hu mir nach 152 Turnsäll. Dat maachen 267 Hale fir allgemenge Sport hei zu Lëtzebuerg. Dann hu mir zwou gedeckte Piscinën mat engem 50 m Bassin a 25 gedeckte Piscinën mat engem 25 m Bassin.

Wann een hei vu regelrechter Pénurie schwätzt, dann ass dat awer en Term, deen ze relativéieren ass. Des Weidere hu mir nach 21 Lernschwimmbecken a 14 Piscinen am Fräien, wat 60 Piscinen hei zu Lëtzebuerg ausmécht. Dann hu mir: 17 Tennishalen, 72 Tennisinstallatiounen am Fräien, 188 Fussballfelder, 13 Stades multisport, 50 Plaines multisport, 4 Terrains d'aviation sportive, 2 Circuite fir de motoriséierte Sport, 3 Patinoiren, 3 Bases nautiques, 2 Plans d'eau, 10 Schéissstänn an 2 Boulodromen, déi gedeckt sinn. Wann een all déi Infrastrukture gesäit, da gesäit een, dass duerch déi sukzessiv siwe Fënnefjoresplang munches geschafft ginn ass, an dass de Stat senger Aufgab nokomm ass, fir déi eng oder déi aner Lacune ze combléieren.

Et ass awer esou, dass mir nach Viden dorëmmer hunn: Vidéographescher Aart oder Viden, wat déi eng oder aner Sportsart ubelaangt. Et gëtt gefrot vun deenen engen et soll een ëmmer méi Infrastrukturen nach zur Verfügung stellen. Et sinn aner Leit, déi ginn en anere Wee, déi kritiséieren dat a fannen et géng vill ze vill fir de Sport gemaach ginn. Där Meenung sinn ech net, mee innerhalb vum Sportsmouvement ginn et Stëmmen, déi soen: Macht manner Infrastrukturen, well dat kascht ze vill Geld, an huet déi Suen, fir méi an de Spëtzesport ze stiechen. Ech muss lech soen: Déi Meenung deelen ech net, well mir kënnen nëmmen eppes fir de Sport insgesamt maachen, wa mir vun der Breet ausginn an esou de Spëtzesport fördern.

Selbstverständlech, wann ee vun där ganzer Infrastruktur schwätzt, muss se eng optimal Nutzung hunn. Déi éischt Nutzung, egal wie Propriétaire vun deenen Infrastrukturen ass, ob dat d'-Gemeenge sinn oder de Stat, muss de Schoulsport sinn, well am Schoulsport gëtt de Grond geluegt, fir Freed un der Bewegung ze kréien. De Schoulsport kann net alles bewierken, mee muss selbstverständlech ganz viles bewierken. De Schoulsport huet absolut Prioritéit.

De Breedessport muss och Prioritéit hunn. Vill hunn en Artikel zitéiert aus dem "Lëtzebuerg Land", dass d'Leit keen Accès hunn iwwert d'Sportsveräiner. Dat ass ganz kloer. E Sportsveräin huet net als Finalitéit de Breedessport fir erwuesse Leit ze propagéieren. D'Stad Lëtzebuerg huet mat aneren Initiativ Pionéieraarbecht geleescht am Kader vu "Sport pour tous". An der Stad Lëtzebuerg participéieren iwwer 5.000 Leit un engem Fräizäitsportprogramm, Aner Gemengen hunn dat elo lues a lues och gemaach. Dat ass formidabel an dat gëtt ganz gutt besicht. Och duerfir sinn dës Infrastrukturen do. Dat sinn der a kommunale Schoulen. Et sinn der awer och a staatleche Schoulen, déi dofir genotzt ginn.

Éischtens Schoulsport, zweetens Breedessport, drëttens Kompetitiounsport. De Kompetitiounssport spillt sech selbstverständlech zum gréissten Deel an Halen of, déi ee muss mat aneren deelen. Mir hunn awer Kompetitiounssport, dee sech a méi spezifischen Infrastrukturen ofspille muss, wou et méi schwierig ass, fir déi mat aneren ze deelen.

An da gëtt et de Spëtzesport. De Spëtzesport kann awer nëmmen erauswessen, wa mir am Schoulsport ufänken. Duerfir ass déi Diskussioun, déi gefouert gëtt, wou de Breedessport oder de Schoulsport géint de Kompetitiounssport oder de Spëtzesport ausgespillt gëtt, menger Meenung no eng falsch Diskussioun. Et muss ee vun ënnen erop opbauen. An da muss ee fir

de Spëtzesport déi néideg Infrastrukturen a Supporten hunn, well et wier net richtig, wa mir just e puer Virzeigathleten hätten a mir hätte fir de Rescht eng Populatioun, déi sech net géng bewegen.

Eng allgemeng Remarque, déi ech wëll maachen, Här President, ir ech op déi méi spezifesch Froen aginn, dat sinn déi Normen, déi eis imposéiert gi vun internationaler Federatiounen. Ech hunn dat an enger Diskussioun schonn eng Kéier ugeschnidde mat menge Kollege Ministeren um europäesche Plang. Ech fannen et net richtig, dass international Verbänn hign an Normen imposéieren an dann den nationale Verbänn soen, dat misst elo esou emgesat ginn. Mir haten d'Diskussioun - den Här Zanussi huet et elo nach eng Kéier opgeworf - an der Kommissioun, wat de Fussball ubelaangt.

D'UEFA huet Normen éditéiert an huet gesot, déi verschidden national Verbänn misste sech dorun halen, wat d'-Nationaldivisiounen géng ubelaangen. Or, do misst all Stadion 3.500 Sätzplaze hunn an et misst eng gewëss Unzuel vu Lux, 500 Lux, wat d'Belichtung ubelaangt, do sinn. 3.500 Sätzplazen! Fir déi, déi net op de Fussball ginn, kuckt nëmmen Zeitung an da gesidd Der, dass op engem Match sonndes an der Nationaldivisioun tëschent 113 a 718 Spectateur sinn. Wann et héich kennt, bei Spëtzematcher, bis zu 2.000. Ech gesi wierkelech net an, wat mir mat Stadione maache mat 3.500 Sätzplazen.

Mir hunn ee Stadion, dat ass dee vun der Stad Lëtzebuerg, dee Gott sei Dank seinerzeit géint de Wëlle vum Stat renovéiert ginn ass - an deen net als nationale Projet zrëckbehale ginn ass, mee d'Stad Lëtzebuerg krut fir déi Renovatioun just 10% an net 70% -, deen d'Bedingungen erfëllt. Mir hunn en anere Stadion, deen elo um neiste Stand ass, mee do ginn d'Plaze schonn net méi duer, dat ass deen zu Hesper. All déi aner Stadione erfëllen d'Bedingungen net.

Ech soen duerfir hei op dëser Tribün ganz kloer: Mir kënnen net do mathalen. Et geet net, dass mir op d'Käschte vum Steierzueler soen: Mir mussen déi Normen erfëllen, fir dass all Veräin an der Nationaldivisioun ka mathalen. Den Här Zanussi huet gemengt, et wier just e finanziellen Opwand. Et ass net nëmmen e finanziellen Opwand, et gëtt och Terrainen, wou et iwwerhaapt net machbar ass, well dat kleng lokal Terrain sinn, wou emol d'Gréisst net do ass, fir Gradinen opzerichten. Loosse mir dach rasonnabel sinn!

M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).- Ech wëll dat gleewen, wat Dir sot, mee dat ass awer eng reel Bedrohung. A wann een e Veräin huet, dee gutt implantéiert ass da wëllt een deem jo awer net zomudden, dass en doduerch an enger ënneschter Divisioun muss spillen.

Mme Anne Brasseur, Ministre de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports.- Mengen Informatiounen no géif et da just nach e Club, deen an der Nationaldivisioun spille kéint, an dat wier d'Spora, mee déi erfëllt déi sportlech Critären net, well déi net an der Nationaldivisioun ass.

Domat wëll ech ënnersträichen, dass dat do vläicht dekretéiert gëtt iergendswou, mee dass een dat awer net muss a la base suivéieren. Ech ka mir net virstellen, dass an anere kleng Staten dat do esou ka suivéiert ginn, well de Fussball do jo op ganz anere Basé steet, wéi a grouse Länner...

(Coups de cloche de la Présidence)

...wou formidabel professionell Equipé sinn, wou onwahrscheinlech Suen am Spill sinn. Hei sinn och Suen am Spill, mee hei sinn et dem Steierzueler seng Suen an et sinn net Privatsuen, well am Ausland gehéieren déi Stadien zu engem ganz groussen Deel Privatleit. Do gëtt Commerce mam Sport gemaach. Hei zu Lëtzebuerg mécht kee Commerce mam Sport, well ech gleewen net, dass een domat Geld verdéngt, außer verschidde Sportler, déi bezuelt ginn. An och do kann ee sech d'Fro stellen, ob déi Politik ëmmer déi richtig ass, mee do ass et net u mir, fir mech anzemëschen, mee ech kann awer eng privat Meenung dozou hunn.

Ze soen, dass een da riskéiert d'Lizenz vun der Nationaldivisioun entzunn ze kréie vun der Fussballfедера-

tioun. Wann ech dat da viru spannen, da soen ech: Ma jo, dann huet d'Fussballfederatioun selwer am Fong keng Daseinsberechtigung, well mir dann net méi international kënne mat spillen. Dann ze mengen, dass ee mat enger Task force, déi een op d'Bee setzt, kennt e professionelle Club hei zu Lëtzebuerg kréien! Mir sollen do awer mat zwee Féiss um Buedem bleiwen.

Wann déi Démarche, fir all déi Steiergelder, déi mir do missten investéieren, nach géng dozou féieren, dass mar géng um ieweschten Niveau besser Fussball gespillt ginn, da wier dat nach eventuell ze justifiéieren. Ech muss lech awer soen, dass ech dorun Zweifel hunn. Duerfir soen ech, dass mir do musse mat zwee Féiss um Buedem bleiwen, an datt d'Fussballfederatioun eng Ausnahm gefrot huet bei der UEFA. Si huet gesot, dass mir eng Rei Exceptionne kréischen, esou dass sechs bis zéng Stadione bis d'Saison 2004-2005 conforme wieren.

Doru gleewen ech einfach net, souguer wann d'Gemeenge bereet wieren, enorm vill Geld doran ze investéieren, souguer wann de Stat géng soen: "Mir begleeden dat." Ech muss lech soen - dat ass awer eng Recommandatioun, déi ech net der Chamber respektiv der Regierung géng maachen, fir op dee Wee mat ze goen - et ass net realistesch ze soen, 2004 hätte mir sechs Stadien, déi deenen dote Critère géngen entsprechen.

Dat si vläicht Wonschgedanken, mee dat entsprécht einfach der Realitéit net. Ech wäert deemnächst och Gesprächer mat der Fussballfederatioun doriwwer féieren, Gesprächer, wou ech mir gewünscht hätt, datt se hätte scho kënne stattfannen, mee déi Gesprächer hunn, op Wonsch vun der Fussballfederatioun, bis elo nach net statfonnt, well si verschidde Saachen nach am Virfeld wollte klären.

Ech wollt hei op der Tribün daitlech sinn an iwwert de Kader vum Projet vum Fënnefjoresplang erausgoe, well mir sinn hei am Kader vum Investissement vu Sportsinfrastrukturen. Mir musse kucken, datt mir d'Steiersuen uerdentlech uwenden, an datt mir net probéieren an enger Kategorie mat ze spillen, déi eis eng Kategorie ze grouss ass. Dat muss een unerkennen a Léisunge fannen, déi eis op d'Mooss zouggeschneidet sinn an déi eise sportlechen Aspiratiounen gerecht ginn.

Ech wollt nach soen, datt mir aner Verbänn hunn, déi dann heiansdo nei Normen erausginn, wat d'Héicht ubelaangt vun den Halen oder d'Breet vun den Halen, an datt den Auslaf muss méi grouss sinn. Do fannen ech, datt déi politesch Responsabel awer musse mat den internationale Verbänn schwätzen, well et kann net sinn, datt de Steierzueler all Kéiers, wann d'Norme gehéicht ginn, zur Keess gebiede gëtt, fir Schrëtt ze halen. Dat zu den allgemenge Remarken, déi ech dozou wollt maachen.

Elo kommen ech zu den Intervenanten. Ech géing dem Rapporteur wëlle merci soe fir seng grouss Begeeschterung. Da wollt ech dem Här Haupt merci soe fir seng allgemeng lwwerleeungen. Den Här Haupt, de jo wierkelech deen ass vun eis, mengen ech, deen am beschte placéiert ass, fir en allgemengen lwwerbléck iwwert d'Sportsentwécklung ze ginn.

Den Här Zanussi huet d'Fro gestallt vum Sportgesetz. Jo, d'Regierung huet Amendementen un de Conseil d'Etat nach geschéckt a mir waarden op den Avis vum Conseil d'Etat. Dann huet den Här Zanussi gesot, et misst ee méi Transparenz walle loosse bei der Attributioun vu Suen, wat d'Renovatioun ubelaangt an do genee Critären applizéieren. Déi Motioun geet jo dorëms.

Här President, ech gesinn et si verschidde Leit, déi mech schlecht héieren. Ech weess net, ob dat un der Akustik häng, ob d'Mikroen net ginn oder ob d'Niewegeräicher ze héich sinn. Ech kann lech et net soen, mee da wëll ech nach eng Kéier widderhuelen, wat ech gesot hunn.

Den Här Zanussi huet gefrot, wéi et mat genee Critären ass, wéi mir weini wellech Suen attribuéieren. Hie freet do no Critère vun Transparenz. Wann ee genee Critären am Virfeld festleet, besonnesch bei Projeten, wou gréisser Renovatiounen sinn, da wier zum Bei-

spill d’Gemeng Esch schlecht dobäi eweckkomm, well déi hat elo eng gréisser Renovatioun, an dat ass e Projet, deen dee viregte Schännerot anescht gesinn huet. Dee jëtzege Schännerot huet dunn eng Modifikatioun virgeholl an dee Projet ass méi deier ginn. Dat ass awer geschitt am Accord mam Sportsministère, sou datt mir dat elo après coup nach eng Kéier subventionéieren. Wa mir d’Critèren au départ fixéiert hätten, da wier dat au détriment vun der Gemeng Esch gewiescht, wat ech schued fonnt hätt, well et ass e flotte Projet.

Da wollt ech nach soen, datt wat d’Motioun ubelaangt iwwer déi Pourcentagen, déi mir bei Renovatiounen solle ginn, datt dat déiselwecht solle si wéi bei Neibauten. Do sinn ech der Mee-nung, datt mir déi Motioun net kennen unhuelen, well d’Gemeenge sinn dru gehalen hir Installatioun en bon père oder mère de famille ze géréieren. Bei der Renovatioun kann een net bis zu esou héije Subsidiatiounen goen, sou datt ech mengen, datt een déi Motioun misst oflehenen.

Dann ass hei geschwat gi vun engem Cahier des charges type, deen ee soll fir Sportsinfrastrukturen ausschaffen. Mir hunn dat gemaach bei dem Schoulsport.

(**Interruption**)

Elo seet den Här Zanusso, dat wier e Virschlag vum Comité olympique gewiescht. Dat ass richtig, mee mir hu probéiert am Sportsministère zesumme mat der Schoul, fir d’Schoulinfrastrukturen op deem Punkt ze dévelloppéieren.

Et gëtt da gesot, dat soll honnert Prozent de Bedierfnisser vun de Benotzer entspriechen. Jo, wann een esou ee Cahier des charges opstellt, da gëtt et natierlech eppes, wat nach méi grouss, nach méi héich, nach méi breiet an nach méi deier gëtt. Or, do muss ee jo awer als responsabele Politiker seng Verantwortung huelen a soen: Wat wëschenswäert ass kann een ëmmer zur Kenntnis huelen, mee et muss een da seng Responsabilitéit huele fir dat, wat machbar ass. Duerfir e Cahier des charges hu mir am Fong schonn, wat eng Hal ubelaangt, wat eng Piscine ubelaangt. Do brauch kee weidere Cahier type nach ausgeschafft ze ginn. Dann hänkt et selbstverständlech och vun de lokale Gegebenheeten of.

D’Mme Durdu huet verschidde Prezisiounen ginn, och iwwer Diskussiounen, déi mir an der Kommissioun haten. Do gesäit ee wellech Approche ee vis-à-vis vun enger Sportsinfrastruktur kann hunn, wann een net esou sportbegeeschtert ass, esou wéi d’Madame Durdu dat net ass, mee awer d’Utilitéit vum Sport agesäit, a wat d’Madame Durdu dowéinst an hirer Gemeng Effort mécht.

Dem Här Colombera erlaben ech mir ze soen, datt am Sport eppes enorm wichteg ass, an dat ass de Fair-play. Dat gëllt an alle Sparten, a besonnesch am Sport. Duerfir hunn ech déi Froen net gär, déi hien hei stellt, wou hien ënnerschwellleg ze verstoe gëtt, datt et vläicht net géing mat richtigen Dénge zougoen, an datt et keng Garantie géif, datt net deen ee méi favorabel behandelt géif gi wéi deen aneren.

Wann dat de Fall wier, da wier zum Beispill d’Gemeng Esch bei der Renovatioun vun hirer Schwemm net esou favorabel dobäi eweckkomm. Hei geet et net ëm Parteipolitik. Hei geet et ëm Sportsinfrastruktur, fir ze kucken, wat rasonnabel ass oder net. Dat huet

näischt ze di mat deene politesche Responsabelen, mee dat huet mat de Projeten ze dinn. Duerfir sinn ech net frou, wann esou Froe gestallt ginn, déi ënnerschwellleg ze verstoe ginn, datt dach awer hei kéinte Saache geschéien, déi net richtig sinn. Dat ass eppes, wat ech op jiddfer Fall well vu mir weisen.

Den Här Colombera huet gesot all Zort vun Notzunge misste gemaach gi fir de Sport an Altersheimer. Jo, an der Stad Lëtzebuerg ginn et am Kader vum "Sport pour tous" Sportsaktivitéite fir den drëtten Alter. Et gëtt Turnen, et gëtt Aktivitéiten um Stadion. Et gëtt Aquagym fir den drëtten Alter zu Bouneweg an der Piscine. Do ginn et Infrastrukturen an Organisatiounen. Et gëtt och aner Gemengen, déi dat beschteens maachen.

Wat den Tourismus ubelaangt, do well ech awer ganz kloer sinn. Den Här Colombera huet hei gefrot, et soll een d’Skipist vu Buerschent ënnerstëtzen. Ech hu vun der Skipist vu Buerschent op der Televisioun héiere schwätzen. De Promoteur dovun huet gesot, hien hätt d’Ënnerstëtzung vum Sportsministère. Ech kann lech soen, datt hien déi Ënnerstëtzung net huet, an datt ech fir d’ëischt vun där Skipist héieren hunn duerch d’Televisioun. Ech fannen, datt dat keng Infrastruktur ass, déi fir de Sport hei zu Lëtzebuerg eppes bréngt. Dat ass déi Informatioun, déi ech lech dozou wollt ginn.

(**Brouhaha général**)

Wa gesot gëtt, et wier fir den Tourismus wichteg,...

(**Coups de cloche de la Présidence**)

■ M. le Président.- Ech géing lech bidden nozelauschteren. D’Madame Minister huet hir Riedezäit schonn ëm zéng Minutten iwwerschratt.

(**Interruptions**)

Mir sinn net klengkaréiert. Dir hutt vill Froe gestallt an d’Madame Minister mécht sech d’Méi, fir lechze äntweren. Ech fannen da soll een nolauschteren an net dauernd Zwiesgesprécher féieren oder Zwëschebemierkunge maachen an domat d’Opmierksamkeet oflenken.

■ Mme Anne Brasseur, *Ministre de l’Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports*.- Da well ech lech soen, datt et zweifelhaft ass, ob dat dem Tourismus eppes bréngt. Gitt op Bottrop kucken, wou eng Skipist besteet. Dat ass eng Regioun mat 2 Millioun Leit am Hannerland. Dat bréngt dem Investisseur, deen de Marc Girardelli ass, hoffentlech eppes, datt seng Rechnung opgeet. Ech mag awer drun zweifelen, datt dat esou favorabel ass fir d’Hôtellerie an der Géigend, well d’Hôtellerie an d’Restauratioun ass am Zentrum selwer an huet keng Retombée op Etablissementer, déi an der Uertschaft Bottrop sinn, souwäit meng Informatiounen richtig sinn.

Den Här Garcia huet geschwat vun de Piscinen am Norden. En huet och dozou eng Motioun abruecht. Mir sinn amgaang ons ze concertéieren. Ech hat schonn e Gespréich mat Nordgemengen. Vu dass mer am Norden en zousätzlecht Gebai fir de Lycée technique brauchen - well de Lycée technique vun Ettelbréck bascht aus allen Néit -, wollte mer zu Ierpeldeng een neie Lycée baue mat enger Sportinfrastruktur, deen da vun all de betreffen-de Gemenge ka genotzt ginn, fir dass mer deen Eparpillement ebe just net kréien, deen eis zu Recht virgeworf

géing ginn, wa mer dat net géinge maachen, esou dass ech géif soen, dass déi Motioun sans Objet wier, well mer amgaang sinn dodrun ze schafffen.

Dann huet de Här Scheuer nach gefrot wéinst dem Timing. Ech kréien iwwerall op de Gemenge gesot an derfir félicitéiert, dass d’Sue vum Sport vill méi séier kommen, wéi dat vun anere Ministèren ass, dat heescht net vill, mä déi Gemenge déi en cause sinn, déi hu sech awer ëmmer bedankt. Wat Lokatioun vum Stat bei de Gemenge ubelaangt, do musse mer kucken, dass mer Konventiounen kréien, fir dass eng Gemeng behandelt gëtt wéi déi aner.

Da wollt ech nach zum Schluss op déi Motioun, Här President, vum Här Jaerling agoen, déi seet, dass mer musse an de Programme-directeur d’équipement sportif e Centre national pour joueurs de quilles traditionnelles et de bowling asetzen.

Ech muss lech soen, datt et relativ einfach ass an esou enger Debatt eng Infrastruktur ze froen. Dat dépasséiert de Kader vum Plan quinquennal, well hei si mer doraus eraus. Hei ass jo eng national Infrastruktur gefrot. Ech well mech net dozou engagéieren. Et ass natierlech méi einfach ze froen, wéi neen ze soen, mä ech hunn de Courage à ce stade awer ze soen, dass mer déi Motioun net kennen akzeptéieren, esou gär ech déi Leit hunn, déi deem Sport noginn.

Domat, Här President, hoffen ech, datt ech op all Froe geäntwert hunn. Ech ëntschelege mech, datt ech d’Zäit iwwerzunn hunn, mä ech mengen et wor awer wichteg, datt verschidde Mises au point gemaach goufen oder verschidde Standpunkter duergeluegt goufen, haaptsächlech wat international Normen ubelaangt, och beispillsweis wat esou Infrastrukturen ubelaangt, wéi déi zu Buerschent.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- D’Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4978 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D’Artikelen 1 bis 7 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4978.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmmen an enger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Théo Stendebach), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Jos Scheuer), Alex Bodry, Mme Mady Del-

vaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanusso;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

S’est abstenu: M. Aly Jaerling.

Ass d’Chamber d’accord, fir d’Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(**Assentiment**)

Et ass esou décidéiert.

Motions

Mir kommen elo zu de Motiounen. D’Motioun 1 ass vum Här Zanusso abruecht ginn. Et ass jiddfereen am Bild ëm wat et geet.

Mir stëmme par main levée of.

Vote

Dee fir d’Motioun 1 ass, ass gebieden d’Hand an d’Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Et besteet keen Zweifel, Motioun 1 ass ofgelehnt.

Mir kommen zur Motioun 2, déi vum Här Garcia abruecht ginn ass. E Vote électronique ass gefrot.

Vote

Déi fir d’Motioun 2 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D’Motioun 2 ass mat 16 Jo-Stëmmen, 32 Nee-Stëmmen an 9 Enthaltungen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein et Georges Wohlfart

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

Se sont abstenus: M. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Marc Zanusso.

Mir kommen zu der Motioun 3, déi vum Här Jos Scheuer abruecht ginn ass. E Vote électronique ass gefrot.

Vote

Déi fir d’Motioun 3 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen

sech.

D’Motioun 3 ass mat 24 Jo-Stëmmen an 33 Nee-Stëmmen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanusso;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Mir kommen zu der Motioun 4, déi vum Här Aly Jaerling abruecht ginn ass. E Vote électronique ass gefrot.

Vote

Déi fir d’Motioun 4 sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

D’Motioun 4 ass mat 21 Jo-Stëmmen, 33 Nee-Stëmmen an 12 Enthaltungen ofgelehnt.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Ont voté non: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes (par M. Ady Jung), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Jeannot Belling), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

Se sont abstenus: MM. Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Mars Di Bartolomeo), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanusso.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wäre mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um halwer dräi.

D’Sitzung ass opgehewen.

(**Fin de la séance publique à 17.21 heures**)

Chamber TV

an der Stad: um Kanal S 29 (Coditel) oder um Kanal S 9 (Eltrona/Siemens)

zu Déifferdeng: um Kanal S 29

zu Diddeleng: um Kanal S 32

zu Esch: um Kanal S6 (140.25 MHz)

an der Gemeng Nidderaanven: um Kanal S 29